

© Gemeng Duelem

# Gemengebuet

**Duelem | Fëlschdref | Welfreng**

**02 / 26**

# OP EE BLÉCK

02/26


3 Wëllkomm

5 Matdeelungen

7 Aktioun Bestëbserstauden 2026

9 INTERREG Memoria Romana



**KOORDINATIOUN**
Service fir Kommunikatioun an ëffentlech Relatiounen

**RESPONSABEL**
Schäfferot

**GRAPHESCH REALISATIOUN**
Service fir Kommunikatioun

**DRÉCKEREI**
Imprimerie Ossa, Niederaanwen

12 Réckbléck

57 Aus dem Gemengerot

80 État Civil

85 Agenda

86 Kontakt

## Chères concitoyennes, chers concitoyens,

# Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

**LU** No der grousser Vakanz ass et mir eng grouss Freed, Iech nees mat eisem Gemengebuet begréissen ze kënnen. Ech hoffen, datt Dir all eng schéin an erhuelsam Vakanz hat a gutt an den Alldag zeréckfonnt hutt.

Eise Kanner a Jugendleche wënschen ech fir d'Rentrée vill Freed, Motivatioun an Erfolleg an der Schoul. Och dem Léier- a Betreiungspersonal wënschen ech e gudde Start an dat neit Schouljoer.

Dës Geleeënheet wëll ech notzen, fir all eise Kommissiounen e ganz grousse Merci auszespriechen. Am Laf vun dësem Joer ass schonn eng wäertvoll Aarbecht geleescht ginn, sief dat um kulturellen, sportlechen, sozialen oder berodenden techneschen Niveau. Hiert Engagement an hir Iddie sinn e wichtege Bestanddeel vun engem aktive Gemengeliewen. E besonnesche Merci geet och un all d'Gemengeservicer fir hire séieren an effizienten Asaz.




Esou konnte mir an der éischter Hallschent vum Joer de provisoresche moduläre Pompjeesbau aweien, eisem CIS Duelem, an domadden eise Pompjeeën an eise Jugendpompjeeën nees déi néideg Raimlechkeeten zur Verfügung stellen, fir hir administrativ Aufgaben an hir wäertvoll Aarbecht am Déngscht vun eiser Bevëlkerung ënner gudde Konditioune kënnen ze erfëllen. Gläichzäiteg steet och de Projet vun engem neie Pompjeesbau vis-à-vis vun der neier Schoul am Bau zu Duelem, mat der Ënnerstëtzung vum Inneministère an dem nationale CGDIS, op eiser Agenda.

Och eise Veräiner wëll ech häerzlech Merci soen. Vill vun hinnen hu sech positiv a proaktiv an de Projet „Site Festivités" abruecht an hir eegen Erfarungen, Iddien a Virschléi mat eis gedeelt. Dëse konstruktiven Austausch ass fir eis ganz wäertvoll,

**FR** *Après les vacances d'été, je suis heureux de vous présenter le nouveau bulletin de notre commune. J'espère que vous avez tous passé d'excellentes vacances reposantes et que vous avez bien retrouvé le rythme de la vie quotidienne.*

*Je souhaite aux enfants et aux adolescents beaucoup de joie, de motivation et de réussite pour cette nouvelle rentrée scolaire. Je souhaite également un bon début d'année scolaire aux enseignants et au personnel d'encadrement.*

*Je voudrais profiter de cette occasion pour adresser mes plus sincères remerciements à toutes nos commissions. Un travail précieux a déjà été accompli au cours de cette année, que ce soit sur le plan culturel, sportif, social ou en matière de conseil technique. Leur engagement et leurs idées constituent un élément important de la vie active de la commune. Je tiens également à remercier tout particulièrement l'ensemble des services communaux pour leur intervention rapide et efficace.*

*Ainsi, au cours du premier semestre de l'année, nous avons pu inaugurer le bâtiment provisoire et modulaire du Centre d'Incendie et de Secours, notre CIS Dalheim, et ainsi mettre à la disposition de nos sapeurs-pompiers et jeunes sapeurs-pompiers les installations nécessaires pour accomplir leurs tâches administratives et leur travail précieux au service de notre population dans de bonnes conditions. Par ailleurs, le projet de construction d'un nouveau Centre d'Incendie et de Secours en face de la nouvelle école de Dalheim, avec le soutien du ministère de l'Intérieur et du CGDIS national, figure à notre ordre du jour.*

*Je tiens également à adresser mes sincères remerciements à nos associations. Beaucoup d'entre elles ont apporté une contribution positive et proactive au projet « Site Festivités » et ont partagé leurs expériences, leurs idées et leurs suggestions avec nous. Cet échange constructif est très précieux*

**LU** well mir dëse flotte Projet zesumme mat deene Leit entwéckele wëllen, déi de Site spéider notzen a mat Liewe fëlle wäerten.

Och bei der interkommunaler Zesummenaarbecht geet et weider. Zesumme mat de Gemenge Bous-Waldbriedemes a Lenneng hu mir, mat dem néidegen Accord vun eisem Gemengerot, eng Konventioun fir d'Astellung vun zwee „Agents de proximité" op de Wee bruecht. D'Gemeng Bous-Waldbriedemes wäert hei de Lead iwwerhuelen. Iwwer déi konkret Ëmsetzung an d'Aufgabe vun dësem neie Service wäerte mir Iech zu gegebener Zäit nach méi am Detail informéieren.

Schliisslech kann ech Iech och matdeelen, datt mir spéitstens bis Enn vum Joer beim Centre culturel zu Duelem en neie Bancomat an op der Gemengeplaz en neien E-Raider de Biergerinnen a Bierger zur Verfügung stelle wäerten. Domat wëlle mir eis Servicer weider moderniséieren an den Alldag fir eis Biergerinnen a Bierger nach e Stéck méi einfach gestalten. Gläichzäiteg wäerte mir och konsequent um qualitativen Ausbau vun eise soziale Medie schaffen. Eng modern Gemeng brauch eng schnell, transparent an zäitgeméiss Kommunikatioun. Eist Zil ass et, Iech nach méi direkt iwwer Neiegkeeten, Projeten, Manifestatiounen an d'Aktualitéit an eiser Gemeng um Lafenden ze halen.

Zum Schluss bleift mir virun allem ee Wuert: Merci. Merci fir Äert Vertrauen, fir Ären Engagement a fir déi vill kleng a grouss Bäiträg, déi eis Gemeng zu deem maachen, wat se ass. Eng Gemeng lieft net nëmme vun hire Projeten an Infrastrukturen, mee virun allem vun de Mënschen, déi an hir liewen, sech begéinen a sech fireneen asetzen.

An deem Sënn wënschen ech Iech an Äre Familljen eng gutt Rentrée, e schéinen Hierscht a virun allem vill schéi Momenter an eiser Gemeng. Bleift gesond a bleift eiser Duelemer Gemeng verbonnen.

Häerzlech Gréiss,

**FR** *pour nous, car nous souhaitons développer ce formidable projet en collaboration avec les personnes qui utiliseront le site plus tard et lui donneront vie.*

*La coopération intercommunale progresse également : en collaboration avec les communes de Bous-Waldbredimus et Lennange et avec l'accord nécessaire de notre conseil communal, nous avons mis en place une convention visant à embaucher deux agents de proximité. La commune de Bous-Waldbredimus en prendra la direction. Nous vous informerons plus en détail en temps voulu des modalités de mise en œuvre et des tâches concrètes de ce nouveau service.*

*Enfin, je peux également vous communiquer que, d'ici la fin de l'année au plus tard, nous mettrons à la disposition des habitants un nouveau distributeur automatique de billets au Centre culturel de Dalheim ainsi qu'un nouvel E-Raider sur la place de la mairie. Nous souhaitons ainsi poursuivre la modernisation de nos services et faciliter encore davantage la vie quotidienne de nos citoyennes et citoyens. Parallèlement, nous travaillerons sans relâche au développement qualitatif de nos réseaux sociaux. Une commune moderne a besoin d'une communication rapide, transparente et à jour. Notre objectif est de vous informer de manière encore plus directe des nouveautés, des projets, des événements et des actualités de notre commune.*

*Pour finir, il me reste un seul mot à dire : merci. Merci pour votre confiance, pour votre engagement et pour les nombreuses contributions, petites et grandes, qui font de notre commune ce qu'elle est. Une commune ne vit pas seulement grâce à ses projets et ses infrastructures, mais surtout grâce aux personnes qui y vivent, qui se rencontrent et se soutiennent mutuellement.*

*Dans cet esprit, je vous souhaite, à vous et à vos familles, une bonne rentrée, un bel automne et, surtout, beaucoup de beaux moments dans notre commune. Prenez soin de vous et restez fidèles à notre commune de Dalheim.*

*Bien cordialement,*

**Romain KILL**
Buergermeeschter vun der Gemeng Duelem
*Bourgmestre de la Commune de Dalheim*

## Initiative solidaire

# E Stopp fir e Mupp

LU D'Gemeng Duelem mëscht elo offiziell bei der Aktioun „E Stopp fir e Mupp" mat. Dës solidaresch Initiativ ënnerstëtzt d'ASA asbl – Amicale vun der Schoul fir Assistenzhonn – beim Finanzéiere vun Assistenzhënn an hëlleft gläichzäiteg ons Ëmwelt duerch d'Recycléiere vu Plastik ze schützen.

En ausgebilten Assistenzhond kascht ronn 17.000 €, fir an Alters- a Fleegeheemer, an Dagesfoyeren oder a Schoulen agesat ze ginn.

Zousätzlech ginn och Hënn fir Kanner mat Autismus oder Trisomie finanzéiert, souwéi fir Leit mat net direkt siichtbare Behënnerungen, wéi Panikattacken oder Epilepsie.

Déi gesammelt Stëpp gi gewäsch a geschreddert, fir zu Granulat verschafft ze ginn. Dëst Material gëtt erëm agesat, ënner anerem fir Gaardemiwwel, Parechocken oder Poubellen hierzestellen.

FR *La commune de Dalheim participe désormais officiellement à l'action « E Stopp fir e Mupp ». Cette initiative solidaire soutient ASA asbl – Amicale vun der Schoul fir Assistenzhonn – en contribuant au financement de chiens d'assistance, tout en aidant à protéger notre environnement grâce au recyclage du plastique.*

*Un chien d'assistance formé coûte environ 17.000 € et peut être utilisé dans des maisons de retraite, des foyers de jour ou encore dans des écoles.*

*En complément, des chiens sont également financés pour des enfants atteints d'autisme ou de trisomie, ainsi que pour des personnes souffrant de handicaps non visibles, comme les crises de panique ou l'épilepsie.*

*Les bouchons collectés sont lavés puis broyés afin d'être transformés en granulés. Ce matériel est ensuite réutilisé, notamment pour la fabrication de mobilier de jardin, de pare-chocs ou de poubelles.*





© ASA asbl



© ASA asbl

**LU** Dir kënnt och Ären Deel dozou bäidroen : **sammelt Är Stëpp a bréngt se op de Ressourcenzenter op Duelem, 46, Waasserklapp.**

Gesammelt ginn :

- Stëpp aus mëllem Plastik (High Density Polythylene): vu Waasser-, Mëllech-, Softdrink- oder Jusfläschen
- Korkestëpp

Fir all Eenzelnen ass et nëmmen e klenge Geste – zesumme bewierkt een awer eppes Grousses.

Assistenzhënn leeschten eng immens wäertvoll Aarbecht a bréngе vill Freed a Sécherheet an d'Liewe vu Mënschen.

Maacht einfach mat!

Weider Informatioune fannt Dir op www.asa-asbl.lu

**FR** *Vous pouvez également y contribuer:* ***collectez vos bouchons et déposez-les au centre de ressources de Dalheim, 46, Waasserklapp.***

*Sont collectés :*

- *les bouchons en plastique souple (High Density Polythylene) : provenant de bouteilles d'eau, de lait, de sodas ou de jus*
- *les bouchons de liège*

*Individuellement, ce n'est qu'un petit geste ; collectivement, il devient une grande action.*

*Les chiens d'assistance accomplissent un travail remarquable et apportent beaucoup de joie et de sécurité dans la vie de nombreuses personnes.*

*Participez-vous aussi* !

*Vous trouvez plus d'informations sur www.asa-asbl.lu*

Fir weider Informatiounen

**LU** **Kommt mat sangen am Chouer „La Cerisaie" !**

D'Fondatioun EME, an Zesummenaarbecht mat der Fondatioun Kräizbierg, bitt Chouerprouwen zesumme mat de Bewunner aus dem Foyer La Cerisaie un. An enger frëndlecher an inklusiver Atmosphär kënnt de Chouer all Méindeg zesummen, fir d'Freed um Gesank ze deelen an sech op zukünfteg Concerte virzebereeden.

Dir sangt gär? **Da maacht mat!** Jiddereen ass häerzlech wëllkomm, mat oder ouni musikalesch Erfarung.

All Méindeg vun 13.30 bis 15.00 Auer am Foyer LA CERISAIE (2, Georges Reuter Plaz L-5685 Duelem)

Fir weider Froen: contact@fondation-eme.lu

**FR** ***Venez chanter avec le Chœur « La Cerisaie » !***

*La Fondation EME, en collaboration avec la Fondation Kräizbierg, propose des répétitions de chant choral avec les résidents du Foyer La Cerisaie. Dans une ambiance conviviale et inclusive, le chœur se réunit chaque lundi afin de partager le plaisir du chant et de préparer de futurs concerts.*

*Vous aimez chanter ?* ***Rejoignez-nous !*** *Tout le monde est le bienvenu, avec ou sans expérience musicale.*

*Chaque lundi de 13h30 à 15h00 au Foyer LA CERISAIE (2, Georges Reuter Plaz L-5685 Dalheim)*

*Pour toute question: contact@fondation-eme.lu*


© Laurent Sturm

## *Action plantes vivaces pollinisateurs 2026*

# Aktioun Bestëbserstauden 2026

LU Zesumme mat der Biologescher Statioun SIAS engagéiert sech ons Gemeng fir de Bestëbser erëm méi Pollen- a Nektarquellen an onsen Dierfer ze bidden.

Fir d'Biergerinnen an d'Bierger bei der ekologescher Gestaltung vun hire Gäert a Balconen z'ënnerstëtzen, ass dës Aktioun an d'Liewe geruff ginn. An Zesummenaarbecht mam SIAS bidde mir Iech d'Méiglechkeet, Äre Gaart net nëmmen optesch opzewäerten, mee gläichzäiteg och e wäertvolle Bäitrag zum Schutz vun onse Bestëbser ze leeschten.

All interesséierte Stot aus der Gemeng kann ee Pak mat 6 bestëbserfrëndleche Wëllstaude kréien, déi sech ideal fir ronderëm d'Haus oder am Gaart eegnen an eng wichteg Narungsquell fir vill Insekten duerstellen.


**An de kommenden Deeg fannt Dir ee Flyer an Ärer Bréifboîte mat méi Informatioune wéi Dir un dëser Aktioun deelhuele kënnt.**

FR *En collaboration avec la station biologique SIAS, notre commune s'engage à offrir davantage de sources de pollen et de nectar aux insectes pollinisateurs dans nos villages.*

*Afin de soutenir les habitants dans l'aménagement écologique de leurs jardins et balcons, cette action a été mise en place. En partenariat avec le SIAS, nous vous offrons la possibilité d'embellir votre jardin tout en contribuant activement à la protection de nos pollinisateurs.*

*Chaque ménage de la commune intéressé peut recevoir un lot de 6 plantes vivaces sauvages favorables aux pollinisateurs. Ces plantes sont idéales pour les abords de la maison ou le jardin et constituent une précieuse source de nourriture pour de nombreuses espèces d'insectes.*

***Dans les prochains jours, vous trouverez dans votre boîte aux lettres un dépliant contenant toutes les informations nécessaires pour participer à cette action.***


© SIAS


© SIAS


© SIAS

# Zéro Mégot

**LU** Fir zu engem proppereren a méi nohaltege Liewensëmfeld bäizedroen, sinn Äschebecheren op verschidden ausgewielten ëffentleche Plazen installéiert ginn.

Zigarettestëmp gehéieren zu de meescht ewechgeheiten Offäll am ëffentleche Raum. Nieft dem onschéine Bild enthalen si Schuedstoffer, déi Buedem a Waasser belaaschten. Mat den Äschebechere kréien déi Leit déi fëmmen eng einfach a praktesch Méiglechkeet, hir Zigarettestëmp korrekt ze entsuergen.

Déi gesammelt Stëmp ginn net einfach ewechgeheit, mee am Kader vun der Initiativ „Zéro Mégot" recycléiert an nees verwäert. Esou gëtt aus engem Offallprodukt eng wäertvoll Ressource a gläichzäiteg gëtt ons Ëmwelt geschount.


Nieft den Zigarettestëmp déi an den installéierten Äschebechere gesammelt ginn, kënnen d'Awunnerinnen an d'Awunner hir Zigarettestëmp och doheem sammelen a se op de Ressourcenzenter bréngen, wou en extra Behälter fir dës steet.

**FR** *Afin de contribuer à un cadre de vie plus propre et plus durable, des cendriers ont été installés à différents endroits publics choisis.*

*Les mégots de cigarettes figurent parmi les déchets les plus fréquemment abandonnés dans l'espace public. Outre l'aspect inesthétique qu'ils engendrent, ils contiennent des substances polluantes susceptibles de contaminer les sols et les eaux. Grâce à ces cendriers, les fumeurs disposent désormais d'une solution simple et pratique pour éliminer correctement leurs mégots.*

*Les mégots collectés ne sont pas simplement jetés, mais recyclés et valorisés dans le cadre de l'initiative « Zéro Mégot ». Ainsi, un déchet est transformé en ressource utile tout en contribuant à la préservation de notre environnement.*

*En complément des mégots déposés dans les cendriers installés, les citoyens peuvent également les collecter à domicile et les déposer au centre de ressources, où un récipient spécifique est mis à disposition.*



# INTERREG - Memoria Romana

LU Am Kader vum INTERREG-Projet Memoria Romana hunn sech déi verschidden Aarbechtsgruppen an de leschte Woche wärend Aarbechtssëtzunge getraff, fir déi nächst Schrëtt bei der Ëmsetzung vun de geplangte Projeten an Aktivitéiten ze koordinéieren an ze konkretiséieren. Dobäi geet et ënner anerem ëm d'Schafe vun engem interregionale Véloswee, d'Ausschaffe vun engem Themenwee, d'Valoriséierung vun de verschiddene Sitten – wéi de Vicus, de Réimertheater an d'Thermen – souwéi d'Organisatioun vu Virträg, Concerten a pädagogeschen Aktivitéiten.

An dësem Zesummenhang hu bis elo zwou Aktivitéite stattfonnt:

De 14. Juni 2026 gouf eng Entdeckungsrees duerch de gallo-réimesche Vicus beim Réimertheater organiséiert. Kanner ab 6 Joer konnten dobäi e puer flott a léierräich Stonne verbréngen. Si hunn de Vicus entdeckt an interessant Ablécker an den Handel, d'Handwierk an den Alldag vun der deemoleger Zäit kritt. Donieft konnten si hir Kreativitéit ausliewen, andeems si hir eege kleng Tounfigur gestalt a geformt hunn, déi si als Souvenir mat Heem geholl hunn.

De 16. Juni 2026 huet am Réimertheater de Virtrag mam Titel Im Strom der Geschichte stattfonnt. Dobäi huet den Här Julian GEIß de Public op eng spannend Rees an d'Vergaangenheet matgeholl an interessant Erkenntnisser iwwer Objete presentéiert, déi a Flëss a Gewässer fonnt goufen. Hien huet erkläert, wéi eng wichteg Roll d'Gewässer deemools gespillt hunn, an ass och op déi spannend Fro agaangen, wéi dës Objeten an d'Waasser gerode sinn – ob et sech ëm Opfergaben, verluere Géigestänn oder Offäll gehandelt huet.

Den Interreg-Projet Memoria Romana entwéckelt sech kontinuéierlech weider. An de kommende Méint stinn nach esou muench Aarbechtssëtzungen an Aktivitéiten um Programm. Iwwer de Fortgang vun den Aarbechten an déi zukünfteg Manifestatioune wäerte mir Iech natierlech reegelméisseg um Lafenden halen.

Mir freeën ons schonn elo, Iech och weiderhin en Abléck an dëse grenziwwerschreidende Projet ze ginn an Iech bei den nächsten Aktivitéite begréissen ze kënnen.



© Gemeng Duelem


© Novetus

**FR** *Dans le cadre du projet INTERREG Memoria Romana, les différents groupes de travail se sont réunis au cours des dernières semaines afin de coordonner et de concrétiser les prochaines étapes des projets et activités prévus. Parmi les principaux objectifs figurent la création d'un itinéraire cyclable transfrontalier, l'élaboration d'un sentier thématique, la mise en valeur des différents sites archéologiques – tels que le Vicus, le Théâtre romain et les Thermes – ainsi que l'organisation de conférences, de concerts et d'activités pédagogiques.*


*Deux activités ont déjà eu lieu dans ce contexte :*

*Le 14 juin 2026, une visite découverte du Vicus gallo-romain, situé à proximité du Théâtre romain, a permis à des enfants âgés de 6 ans et plus de passer quelques heures à la fois ludiques et instructives. Ils ont découvert le Vicus et obtenu un aperçu de la vie quotidienne, du commerce et de l'artisanat à l'époque gallo-romaine. Les enfants ont également pu laisser libre cours à leur créativité en modelant leur propre figurine en argile, qu'ils ont ensuite emportée en souvenir.*

*Le 16 juin 2026, le Théâtre romain a accueilli la conférence Im Strom der Geschichte. A cette occasion, Monsieur Julian GEIß a invité le public à un voyage passionnant à travers le passé en présentant des objets découverts dans les rivières et les cours d'eau. Il a expliqué le rôle essentiel que jouaient les milieux aquatiques à cette époque et s'est également penché sur la question de savoir comment ces objets s'y étaient retrouvés, qu'il s'agisse d'offrandes, d'objets perdus ou de simples déchets.*


© Shawn Gindt - INRA


© Shawn Gindt - INRA


© Peggy Olinger


© Novetus


© Shawn Gindt - INRA


© Peggy Olinger

*Le projet Interreg Memoria Romana poursuit son développement. De nouvelles réunions de travail et activités sont d'ores et déjà prévues dans les mois à venir. Nous ne manquerons pas de vous tenir régulièrement informés de l'avancement du projet et des prochaines manifestations.*

*Nous nous réjouissons d'ores et déjà de continuer à vous faire découvrir ce beau projet transfrontalier et de vous accueillir lors des prochaines activités.*

Interreg
Cofinancé par l'Union Européenne
Kofinanziert von der Europäischen Union
Centre des Monuments Luxembourg
INRA Institut National de Recherches Archéologiques
Grande Région | Großregion

DE Im Rahmen des INTERREG-Projekts Memoria Romana haben sich die verschiedenen Arbeitsgruppen in den vergangenen Wochen zu mehreren Arbeitssitzungen getroffen, um die nächsten Schritte zur Umsetzung der geplanten Projekte und Aktivitäten zu koordinieren und weiter zu konkretisieren. Dabei geht es unter anderem um die Schaffung eines grenzüberschreitenden Radwegs, die Ausarbeitung eines Themenwegs, die Aufwertung der verschiedenen archäologischen Stätten – wie des Vicus, des Römischen Theaters und der Thermen – sowie um die Organisation von Vorträgen, Konzerten und pädagogischen Aktivitäten.


© Dr. -Ing. Yi Li

In diesem Zusammenhang haben bislang zwei Veranstaltungen stattgefunden:

Am 14. Juni 2026 wurde eine Entdeckungsreise durch den gallo-römischen Vicus beim Römischen Theater organisiert. Kinder ab 6 Jahren konnten dabei einige spannende und lehrreiche Stunden verbringen. Sie erkundeten den Vicus und erhielten interessante Einblicke in den Handel, das Handwerk und den Alltag der damaligen Zeit. Darüber hinaus konnten sie ihrer Kreativität freien Lauf lassen, indem sie ihre eigene kleine Tonfigur gestalteten und formten, die sie anschließend als Erinnerung mit nach Hause nehmen durften.

Am 16. Juni 2026 fand im Römischen Theater der Vortrag Im Strom der Geschichte statt. Herr Julian GEIß nahm das Publikum mit auf eine spannende Reise in die Vergangenheit und präsentierte interessante Erkenntnisse über Gegenstände, die in Flüssen und Gewässern gefunden wurden. Er erläuterte die bedeutende Rolle der Gewässer in früheren Zeiten und ging zudem der spannenden Frage nach, wie diese Objekte ins Wasser gelangten – ob es sich um Opfergaben, verlorene Gegenstände oder Abfälle handelte.

Das Interreg-Projekt Memoria Romana entwickelt sich kontinuierlich weiter. In den kommenden Monaten stehen weitere Arbeitssitzungen und Veranstaltungen auf dem Programm. Über den Fortschritt der Arbeiten sowie über zukünftige Veranstaltungen werden wir Sie selbstverständlich regelmäßig informieren.

Wir freuen uns schon jetzt darauf, Ihnen auch weiterhin Einblicke in dieses grenzüberschreitende Projekt zu geben und Sie bei den kommenden Veranstaltungen begrüßen zu dürfen.


© Shawn Gindt - INRA


© Joëlle Wax

## La Journée de l'Arbre

# Dag vum Bam

LU Den **28. Februar 2026** huet de SIAS zesumme mat der Gemeng Betzder op den Dag vum Bam zu Menster ageluede. Am Ganze goufen 30 Uebstbeem geplanzt – e Moment, fir zesummen e staarkt Zeeche fir d'Natur an d'Ëmwelt ze setzen.

D'Gemeng Duelem war duerch de Buergermeeschter Romain Kill, dee Member am Comité vum SIAS ass, vertrueden.

FR *Le **28 février 2026**, le SIAS, en collaboration avec la commune de Betzdorf, a invité à la Journée de l'arbre à Mensdorf. Au total, 30 arbres fruitiers ont été plantés – un moment pour poser ensemble un geste fort en faveur de la nature et de l'environnement.*

*La commune de Dalheim était représentée par le bourgmestre Romain Kill, membre du comité du SIAS.*



© SIAS



© SIAS



© Romain Kill

## Bal de carnaval pour enfants

# Kannerfuesbal

LU Den **1. Mäerz 2026** hat den Danzgrupp Duelemer Kiischtebléien op säi Kannerfuesbal an de Centre Culturel op Duelem invitéiert, wou den DJ Mike fir déi musikalesch Animatioun gesuergt huet.

Déi kleng Fuesboken hunn ee flotten Nomëtteg mat Danzen, Spiller an enger Mini Playback-Show verbruecht.

FR *Le **1er mars 2026**, le groupe de danse « Duelemer Kiischtebléien » a invité à son bal de carnaval pour enfants au Centre culturel de Dalheim, où DJ Mike s'est chargé de l'animation musicale.*

*Les petits carnavaliers ont passé un bel après-midi avec de la danse, des jeux et une Mini Playback-Show.*
















**Duelemer Kiischtebléien**

## Réunion d'information

# Informatiounsversammlung

LU De **4. Mäerz 2026** hat de Schäffen- a Gemengerot op eng Informatiounsversammlung an de Centre Culturel op Duelem invitéiert.

No enger éischter Informatiounsversammlung, op déi d'Veräiner den 19. November 2025 invitéiert woren, huet dës Versammlung sech u sämtlech Biergerinnen a Bierger aus der Gemeng geriicht.

Am Kader vum LEADER-Projet *Duerfentwécklung* ass de Projet fir de Festivitéitssite, ausgeschafft vun Theisen Architectes, a Presenz vun der Madamm Jessica CIMANDER, Beoptragt fir Duerfentwécklung vum LEADER, virgestallt ginn.

Bei däser Geleeënheet hat de Publikum d'Méiglechkeet, Froen ze stellen an och eege Virschléi ze maachen.

No der Presentatioun an dem Austausch mam Publikum konnt sech bei engem Éierewäin nach weider ausgetosch ginn.

FR *Le **4 mars 2026**, le collège échevinal et le conseil communal ont invité à une réunion d'information au Centre culturel de Dalheim.*

*Après une première réunion d'information, à laquelle les associations avaient été conviées le 19 novembre 2025, cette rencontre s'adressait à l'ensemble des citoyennes et citoyens de la commune.*

*Dans le cadre du projet LEADER Développement villageois, le projet relatif au site des festivités, élaboré par Theisen Architectes, a été présenté en présence de Madame Jessica CIMANDER, chargée du développement villageois du LEADER.*

*À cette occasion, le public a eu la possibilité de poser des questions et de formuler ses propres propositions.*

*Après la présentation et l'échange avec le public, les discussions se sont poursuivies autour d'un vin d'honneur.*


© Gemeng Duelem


© Gemeng Duelem


© Gemeng Duelem

## *Assemblée générale avec remise de chèque*

# Generalversammlung mat Scheckiwwerreechung

**LU** De **5. Mäerz 2026** hunn d'Amis de la Cerisaie hir Generalversammlung ofgehal.

Bei dëser Geleeënheet huet d'Fondation ADIPH, vertrueden duerch d'Madamm Francine Ernster, d'Madamm Liz Linden, den Här Alain Penning an den Här Robert Kieffer, den Amis de la Cerisaie ee generéise Scheck an Héicht vun 10.000 € iwwerreecht.

Weiderhin hunn si fir all Bewunner aus dem Foyer ee Geschenkbong iwwer jeeweils 250 € iwwerreecht.

Ee grousse Merci kruten si vum Comité vun den Amis de la Cerisaie, souwéi vun de Bewunner an dem Marc GEORG, Responsaablen Coordinateur Pédagogique aus dem Foyer la Cerisaie.

**FR** *Le **5 mars 2026**, les Amis de la Cerisaie ont tenu leur assemblée générale.*

*À cette occasion, la Fondation ADIPH, représentée par Madame Francine Ernster, Madame Liz Linden, Monsieur Alain Penning et Monsieur Robert Kieffer, a remis aux Amis de la Cerisaie un chèque généreux d'un montant de 10 000 €.*

*Par ailleurs, ils ont également offert à chaque résident du foyer un bon cadeau d'une valeur de 250 €.*

*Un grand merci leur a été adressé par le comité des Amis de la Cerisaie, ainsi que par les résidents et par Marc GEORG, coordinateur pédagogique responsable du Foyer la Cerisaie.*




**Amis de la Cerisaie asbl**

### Assemblée générale

## Generalversammlung vum Gaart an Heem Fëlschdref

**LU** De **6. Mäerz 2026** huet de Comité vum Gaart an Heem Fëlschdref seng Generalversammlung am Centre Polyvalent zu Fëlschdref ofgehalen.

**FR** *Le **6 mars 2026**, le comité du Gaart an Heem Fëlschdref a tenu son assemblée générale au Centre polyvalent de Filsdorf.*


© Peggy Olinger

### Remise des mérites scolaires, sportifs et culturels

## Iwwerreechung vum schouleschen, sportlechen a kulturelle Meritt

**LU** Den **13. Mäerz 2026** krute verdéngschtvoll Schülerinnen a Schüler Certificate vun der Gemeng Duelem iwwerreecht, dëst als Unerkennung fir hir Reussite vum Schouljoer 2024 - 2025.

Zousätzlech goufen och Persounen ausgezeechent, déi am sportlechen oder kulturelle Beräich eng besonnesch Leeschtung erbruecht hunn.

**FR** *Le **13 mars 2026,** la Commune de Dalheim a remis des certificats aux élèves méritants, en reconnaissance de leur réussite au cours de l'année scolaire 2024 - 2025.*

*Par ailleurs, des personnes ayant réalisé des performances remarquables dans les domaines sportif ou culturel ont également été distinguées.*


© Gemeng Duelem

Fotogalerie • Galerie de photos

# Grouss Botz 2026

LU De **14. Mäerz 2026** hat de Schäfferot, an Zesummenaarbecht mat der Bauten- an Ëmweltkommissioun, d'Grouss Botz an onser Gemeng organiséiert.

132 Fräiwëlleger – dorënner Membere vu Veräiner, souwéi engagéiert Biergerinnen a Bierger aus der Duelemer Gemeng – hunn un dëser Aktioun deelgeholl. Si hu gehollef, d'Stroossen an d'Natur zu Duelem, Fëlschdref a Welfreng propper ze maachen an domat e wichtege Bäitrag zum Ëmweltschutz an zur Liewensqualitéit an der Gemeng geleescht.

Als Ofschloss gouf de Bedeelegte bei der technescher Hal eppes z'iessen an ze drénken zerwéiert.

E grousse Merci un all d'Participanten, souwéi un d'Gemengepersonal fir hir Ënnerstëtzung bei der Organisatioun, beim Asammele vun den Tuten, beim Asaz am Läschweenchen an hannert dem Grill.

FR *Le **14 mars 2026**, le collège échevinal en collaboration avec la commission de l'urbanisme et de l'environnement, a organisé la « Grouss Botz » dans notre commune.*

*132 bénévoles – parmi lesquels des membres d'associations ainsi que des citoyennes et citoyens engagés de la commune de Dalheim – ont participé à cette action. Ils ont contribué à nettoyer les rues et les espaces naturels à Dalheim, Filsdorf et Welfrange, apportant ainsi une contribution importante à la protection de l'environnement et à la qualité de vie au sein de la commune.*

*A la fin, une collation a été offerte aux participants au hall technique.*

*Un grand merci à toutes les personnes ayant pris part, ainsi qu'au personnel communal pour son soutien lors de l'organisation, de la collecte des sacs, ainsi que le service assuré tant au comptoir qu'au grill.*


© Gemeng Duelem


© Gemeng Duelem


© Gemeng Duelem


© Gemeng Duelem



©Sacha Georges


© Peggy Olinger

## Fête des seniors

# Seniorefeier

LU Den **19. Mäerz 2026** huet de Schäffen- a Gemengerot, an Zesummenaarbecht mat der Drëttalterskommissioun, d'Awunnerinnen an Awunner ab 60 Joer op eng Seniorefeier mat Mëttegiessen an de Centre Culturel op Duelem invitéiert.

Um Menu stoungen, vun der Boucherie Clement preparéiert, eng Geméiszopp als Entrée a Prince Orloff mat Bäilagen als Haaptplat.

Als Dessert gouf et ee Stéck Taart mat enger Taass Kaffi.

D'Christiane, mat sengem äifrege Staff, dem Lili, Germaine, Aline a Sandrina, hu fir de gudde Service gesuergt.

Bei déser Geleeënheet goufen och Matbiergerinnen a Matbierger aus der Gemeng matt engem klenge Cadeau geéiert, déi am Joer 2025 hiren 80., 85., 90. oder 95. Gebuertsdag gefeiert hunn.

D'Feier wor gutt besicht an déi Bedeelegt hu bei flotte Gespréicher e puer agreabel Stonne verbruecht.

FR *Le **19 mars 2026**, le collège échevinal et le conseil communal, en collaboration avec la Commission du Troisième Âge, ont invité les habitants âgés de 60 ans et plus à une fête des seniors avec déjeuner au Centre culturel de Dalheim.*

*Au menu, préparé par la Boucherie Clement, figuraient une soupe de légumes comme entrée, ainsi que du Prince Orloff accompagné de ses garnitures comme plat principal.*

*Comme dessert, un morceau de tarte accompagné d'une tasse de café a été servi.*

*Le service a été assuré par Christiane et son équipe dévouée, composée de Lili, Germaine, Aline et Sandrina.*

*Á cette occasion, des concitoyennes et concitoyens ont également été honorés par un petit cadeau pour avoir célébré en 2025 leur 80e, 85e, 90e ou 95e anniversaire.*

*La fête, bien fréquentée, a permis aux participants de passer d'agréables moments dans une ambiance conviviale.*


© Gemeng Duelem


© Gemeng Duelem

Fotogalerie • Galerie de photos

### Assemblée générale

# Generalversammlung vun der Amicale Pompjeeën Duelem-Welfreng

**LU** Den **19. Mäerz 2026** hat d'Amicale Pompjeeën Duelem-Welfreng op hir Generalversammlung an d'Gemengenhaus invitéiert.

**FR** *Le **19 mars 2026**, l'Amicale Pompjeeën Duelem-Welfreng a invité à son assemblée générale à la mairie.*


© Peggy Olinger

### Fête du printemps

# Fréijoersfest

**LU** Den **29. Mäerz 2026** hat d'Fonds Jean-Pierre Hentzen asbl op hiert gutt besichte Fréijoersfest an de Centre Culturel op Duelem agelueden.

Um Menu stoungen hier traditionell Paschtéit mat Fritten an Zalot a fir de séissen Ofschloss war mat enger Auswiel u Kuch an Taarten och gesuergt.

Nieft dem kulinaresche Genoss gouf et eng grouss Tombola.

**FR** *Le **29 mars 2026**, le Fonds Jean-Pierre Hentzen asbl a invité à sa fête de printemps, bien fréquentée, au Centre culturel de Dalheim.*

*Au menu figuraient leur traditionnelle bouchée à la reine accompagnée de frites et de salade, et pour la touche sucrée, un choix de gâteaux et de tartes était également proposé.*

*Outre le plaisir culinaire, une grande tombola a été organisée.*



© Peggy Olinger

**Fonds Jean-Pierre Hentzen asbl**

## Le ministre de la Culture Eric THILL en visite à Dalheim

# Kulturminister Eric THILL op Visitt zu Duelem

**LU** Den **9. Abrëll 2026** huet de Kulturminister Eric THILL, op Invitatioun vum Här David WEIS, Direkter vum INRA, Duelem besicht. Bei däser Geleeënheet woren och Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot, Vertrieder vum INRA, vum CML a vun der Ricciacus Frënn asbl present. Och d'Press wor fir d'Visitt ageluede ginn.

D'Visitt huet an de Raimlechkeete vum INRA ugefaangen. Hei krut de Minister en Abléck an d'Aarbecht vu Studenten, déi sech mat enger archeologescher Kollektioun beschäftegen.

**FR** *Le **9 avril 2026**, le ministre de la Culture Eric THILL s'est rendu à Dalheim sur invitation de Monsieur David WEIS, directeur de l'INRA. A cette occasion, des membres du collège échevinal et du conseil communal, ainsi que des représentants de l'INRA, du CML et de l'asbl Ricciacus Frënn étaient présents. La presse avait également été invitée à cette visite.*

*La visite a débuté dans les locaux de l'INRA, où le ministre a pu découvrir le travail réalisé par des étudiants autour d'une collection archéologique.*


© Gemeng Duelem


© Gemeng Duelem


© Gemeng Duelem

Duerno ass d'Delegatioun weider an de Réimertheater gaangen. D'Madamm Nena SAND, verantwortlech Archeologin vum CRRA Duelem, huet do detailléiert Erklärungen zum historesche Site ginn. De Réimertheater, deen 1985 entdeckt gouf, konnt zu Réimerzäit bis zu 3.500 Spectateuren ophuelen. Haut ass en e wichtege Bestanddeel vum kulturelle Patrimoine vun der Regioun.

De Réimertheater ass Week-ends vun Abrëll bis Enn Oktober, souwéi vum 15. Juli bis de 15. September deeglech vun 10.00 bis 18.00 Auer op. Fir dëst z'erméiglechen, huet den INRA zwou Studentinnen agestallt.

*La délégation s'est ensuite rendue au théâtre romain. Madame Nena SAND, archéologue responsable du CRRA Dalheim, y a fourni des explications détaillées sur ce site historique. Découvert en 1985, le théâtre pouvait accueillir jusqu'à 3.500 spectateurs à l'époque romaine. Aujourd'hui, il constitue un élément majeur du patrimoine culturel de la région.*

*Le théâtre romain est ouvert les week-ends d'avril à fin octobre, ainsi que tous les jours du 15 juillet au 15 septembre, de 10h00 à 18h00. Afin de garantir cette ouverture, l'INRA a engagé deux étudiantes.*

LU No dësen interessanten Erklärungen ass d'Visitt iwwer den Neie Wee bis bei den Duelemer Adler weider gaang, wou et Abléck an d'Geschicht an d'Bedeitung vum Site gi sinn.

Fir de Kulturminister, deen Duelem schonn eng Kéier den 19. Juni 2024 besicht hat, wor et eng Geleeënheet, sech nach eng Kéier e Bild vun der aktueller Entwécklung ze maachen. Am Moment leeft eng Machbarkeetsstudie fir eng Opwäertung vum Site, déi bis Enn dëst Joer oder Ufank 2027 virleie soll. Dës Etude wäert d'Grondlag fir zukünfteg strategesch Entwécklungsméiglechkeete vum réimesche Site zu Duelem bilden.

D'Visitt huet nach eemol däitlech gemaach, wéi wichteg den archeologesche Patrimoine fir d'Regioun ass, a wéi entscheedend eng gutt Zesummenaarbecht tëscht de verschiddenene Partner bleift.

FR *Après ces explications, la visite s'est poursuivie par le Neie Wee jusqu'à l'aigle de Dalheim, où d'autres informations intéressantes ont été présentées concernant l'histoire et l'importance du site.*

*Pour le ministre de la Culture, qui avait déjà visité Dalheim le 19 juin 2024, cette rencontre a constitué une nouvelle occasion de se faire une idée de l'évolution actuelle du site. Une étude de faisabilité visant à sa valorisation est actuellement en cours et devrait être finalisée d'ici la fin de l'année ou au début de 2027. Elle servira de base aux futures orientations stratégiques pour le développement du site romain de Dalheim.*

*Cette visite a une nouvelle fois mis en évidence l'importance du patrimoine archéologique pour la région, ainsi que le rôle essentiel d'une collaboration étroite entre les différents acteurs concernés.*

### Communion à Dalheim

## Kommioun zu Duelem



© Deborah Vandivinit

LU Den **12. Abrëll 2026** hu siwe Kanner hir éischt Kommioun an der Duelemer Kierch gefeiert.

FR *Le **12 avril 2026**, sept enfants ont célébré leur première communion dans l'église de Dalheim.*

Fotogalerie • Galerie de photos

## Cours de premiers secours

# Éischt Hëllef Cours

LU De **17. Abrëll 2026** huet de Schäfferot eng Diplomiwwerreechung fir d'Gemengepersonal organiséiert, dat un engem Éischt Hëllef Cours am Gemengenhaus deelgeholl huet.

Bei däser Geleeënheet woren och d'Gemengerotsmemberen d'Madamm Francine ERNSTER an den Här Nicolas DICKEN present.

Am Ganzen hunn 12 Mataarbechterinnen a Mataarbechter un der Formatioun deelgeholl: d'Madamm Christiane HOSS, d'Madamm Dzenita JAHIC, d'Madamm Kathy KASS, d'Madamm Myriam KIEFFER, d'Madamm Josée KRIER, d'Madamm Patricia MAJOIE, den Här Markus NEUKIRCH, d'Madamm Romaine RASSEL, d'Madamm Martinha ROCHA GOMES, den Här Nuno ROMAO COSTA, den Här Paulo RODRIGUES an d'Madamm Eliane WEIMERSKIRCH.

Am Kader vum Cours konnten si hir Kenntnisser an hir praktesch Fäegkeeten am Beräich vun der Éischter Hëllef verdéiwen, fir am Noutfall séier, sécher a kompetent reagéieren ze kënnen.

Dës Formatioun dréit dozou bäi méi sécher ze sinn am Wëssen déi richteg Handgrëffer ze kennen an ageüübt ze hunn, fir an enger Noutsituatioun effikass Hëllef kënnen ze leeschten.

FR *Le **17 avril 2026**, le collège échevinal a organisé une remise de diplômes pour le personnel communal ayant participé à un cours de premiers secours au sein de la mairie.*

*À cette occasion, les membres du conseil communal, Madame Francine ERNSTER et Monsieur Nicolas DICKEN étaient également présents.*

*Au total, 12 collaboratrices et collaborateurs ont pris part à la formation: Madame Christiane HOSS, Madame Dzenita JAHIC, Madame Kathy KASS, Madame Myriam KIEFFER, Madame Josée KRIER, Madame Patricia MAJOIE, Monsieur Markus NEUKIRCH, Madame Romaine RASSEL, Madame Martinha ROCHA GOMES, Monsieur Nuno ROMAO COSTA, Monsieur Paulo RODRIGUES et Madame Eliane WEIMERSKIRCH.*

*Dans le cadre de ce cours, ils ont pu approfondir leurs connaissances et leurs compétences pratiques en matière de premiers secours, afin de pouvoir réagir rapidement, efficacement et de manière appropriée en cas d'urgence.*

*Cette formation contribue à renforcer le sentiment de sécurité, en permettant aux participants de maîtriser et de s'exercer aux gestes adéquats, afin de pouvoir apporter une aide efficace en situation d'urgence.*


© Gemeng Duelem

## *À travers la forêt avec le garde forestier*

# Mam Fierschter duerch de Bësch

**LU** Den **19. Abrëll 2026** huet d'Kommissioun fir Mobilitéit, Gemengeweeër, Sécherheet a Präventioun vun der Gemeng Duelem een informativen Tréppeltour mat onsem Fierschter Tom ENGEL duerch de Buchholz organiséiert.

Bei dësem Tréppeltour kruten déi Interesséiert Abléck an de Bestand an d'Entwécklung vum Buchholz. De Fierschter huet dobäi och op déi grouss Erausfuerderungen higewisen, mat deenen d'Bëscher konfrontéiert sinn, besonnesch am Kontext vum Klimawandel an de verännerten natierleche Bedéngungen.

Zousätzlech goufen nëtzlech Informatiounen iwwert e respektvollen a sécheren Openthalt am Bësch vermëttelt. Déi Bedeelegt hunn och ee bessert Verständnis dofir kritt, wéi d'Aarbechten am Bësch organiséiert ginn.

Dësen informative Moien huet net nëmme Wësse vermëttelt, mee och d'Bewosstsi fir de Schutz an d'Wäertschätzung vun onsem Bësch gestäerkt.

**FR** *Le **19 avril 2026**, la Commission de la mobilité, des chemins communaux, de la sécurité et de la prévention de la Commune de Dalheim a organisé une promenade informative à travers le Buchholz ensemble avec notre garde forestier Tom ENGEL.*

*Lors de cette marche, les intéressés ont pu découvrir la composition et l'évolution du massif forestier du Buchholz. Le garde forestier a également attiré l'attention sur les grands défis auxquels les forêts sont confrontées, notamment dans le contexte du changement climatique et de l'évolution des conditions naturelles.*

*Par ailleurs, des informations utiles ont été transmises concernant un comportement respectueux et sécurisé en forêt. Les participants ont également acquis une meilleure compréhension de l'organisation des travaux forestiers.*

*Cette matinée informative a non seulement permis de transmettre du savoir, mais aussi de renforcer la sensibilisation à la protection et à la valorisation de notre forêt.*



© Tammy Georges



© Christopher Schuh



© Tammy Georges

## *Vente aux enchères du bois de chauffage*

# Brennholzstee

LU De **25. Abrëll 2026** huet am Buchholz zu Duelem déi gutt besichte Brennholzstee stattfonnt, déi an Zesummenaarbecht mam Fierschter Tom ENGEL ofgehale gouf.

Am Ganze goufe 50 Kouerte Brennholz an 110 Kubikmeter Stammholz versteet.

E grousse Merci geet un den Taekwondo Duelem, dee fir d'Iessen a Gedrénks op der Plaz gesuergt huet.

FR *Le **25 avril 2026** s'est tenue la vente aux enchères du bois de chauffage bien fréquentée au Buchholz à Dalheim, organisée en collaboration avec le garde forestier Tom ENGEL.*

*Au total, 50 cordes, ainsi que 110 mètres cube de bois long ont été mis en vente.*

*Un grand merci est adressé au Taekwondo Duelem, qui a assuré la restauration sur place.*


© Peggy Olinger


© Peggy Olinger


© Lekiashvili Tamar


© Peggy Olinger

## *Randonnée de printemps*

# Trëppeltour am Fréijoer

LU Ënnert dem Motto „Trëppeltour am Fréijoer“ huet d’Jugend- a Sportskommissioun de **26. Abrëll 2026** op déi zweet Oplag vun dësem flotte Rendez-vous invitéiert.

Op enger Streck vu ronn 7,87 km hate Grouss a Kleng – och mat hire véierbeenege Begleeder – d’Méiglechkeet, déi schéi Landschaft ronderëm Duelem ze entdecken an ze genéissen.

Bei beschtem Fréijoerswieder wor de Start moies um 10.00 Auer op der Gemengeplaz.

Fir Iessen a Gedrénks bei der Arrivée huet den Taekwondo Duelem och dës Kéier nees beschtens gesuergt.

FR *Sous le slogan « Trëppeltour am Fréijoer », la Commission de la Jeunesse et des Sports a invité, le **26 avril 2026**, à la deuxième édition de ce rendez-vous convivial.*

*Sur un parcours d’environ 7,87 km, petits et grands – accompagnés également de leurs compagnons à quatre pattes – ont eu l’occasion de découvrir et d’apprécier les beaux paysages autour de Dalheim.*


*Par un temps printanier idéal, le départ a été donné à 10.00 heures depuis la place de la mairie.*

*À l’arrivée, le Taekwondo Duelem a, une fois de plus, assuré la restauration.*


© Tammy Georges


© Tammy Georges


© Jugend- a Sportskommissioun


© Tammy Georges

### *Assemblée Générale de la Ricciacus Frënn asbl*

# Generalversammlung vun der Ricciacus Frënn asbl

**LU** De **27. Abrëll 2026** hat d'Ricciacus Frënn asbl op hir Generalversammlung am Gemengenhaus invitéiert.

Bei dëser Geleeënheet waren och d'Madamm Octavie MODERT, Deputéiert, an den Här David WEIS, Direkter vum INRA, present. Nom Ofstëmme vun den uerdentleche Punkten déi op der Dagesuerdnung stoungen, hunn si an der fräier Ausprooch e puer Wieder un d'Versammlung gericht, besonnesch betreffend d'Promovéiere vum archeologesche Patrimoine.

Den Owend ass bei engem gemittleche Patt mat interessante Gespréicher a geselleger Atmosphär ausklénge gelooss ginn.

**FR** *Le* ***27 avril 2026****, la Ricciacus Frënn asbl a invité à son assemblée générale à la mairie.*

*À cette occasion, Madame Octavie MODERT, députée, ainsi que Monsieur David WEIS, directeur de l'INRA, étaient également présents. Après le vote des points ordinaires inscrits à l'ordre du jour, ils ont pris la parole lors de la discussion libre pour adresser quelques mots à l'assemblée, notamment au sujet de la promotion du patrimoine archéologique.*

*La soirée s'est achevée dans une ambiance conviviale, autour d'un verre, avec des échanges intéressants.*



© Sacha Georges

RICCIACUS FRËNN ASBL

## *Une nouvelle étape professionnelle*

# Eng nei berufflech Etapp

LU Den **30. Abrëll 2026** hat d'Jill SIDON, dat zënter 10 Joer als Chargée am Jugendhaus zu Duelem engagéiert war, säi leschte Schaffdag. D'Jill huet decidéiert, en neie berufflече Wee anzeschloen.

Als Merci sinn d'Schäffe René ERNST a Peggy OLINGER, zesumme mat der Gemengesekretärin Tamara MANGERICH, him Äddi soe gaang.

De Schäffen- a Gemengerot, souwéi d'Personal vun der Gemeng Duelem, wënschen em Jill vill Erfolleg an alles Guddes fir seng nei berufflech Etapp.

FR *Le **30 avril 2026**, Jill SIDON, engagée depuis 10 ans en tant que chargée à la maison des jeunes de Dalheim, a effectué sa dernière journée de travail. Jill a décidé de s'engager dans une nouvelle voie professionnelle.*

*En signe de reconnaissance, les échevins René ERNST et Peggy OLINGER, accompagnés de la secrétaire communale Tamara MANGERICH, sont allés lui dire au revoir.*

*Le collège échevinal et le conseil communal, ainsi que le personnel communal, souhaitent à Jill beaucoup de succès et tout le meilleur pour cette nouvelle étape professionnelle.*



© Anabela Dos Santos

### Premier mai

# Éischte Mee

LU Den **1. Mee 2026** sinn d'Duelemer Musek, d'Amicale Pompjeeën Duelem-Welfreng an d'Amicale Pompjeeën Fëlschdref hir Meekränz maache gaang.

An enger geselleger Atmosphär an der Natur huet och d'Wieder säin Deel dozou bäigedroen, fir dësen Dag besonnesch agreabel ze maachen.

FR *Le **1er mai 2026**, la Duelemer Musek, l'Amicale Pompjeeën Duelem-Welfreng et l'Amicale Pompjeeën Fëlschdref sont allées confectionner leurs couronnes de mai.*

*Dans une ambiance conviviale en pleine nature, la météo a également contribué à rendre cette journée particulièrement agréable.*


© Pompjeeën Duelem

AMICALE POMPJEEEN DUELEM-WELFRENG


© Germaine Welter

AMICALE POMPJEEËN FËLSCHDREF A.S.B.L.


© Duelemer Musek

DUELEMER MUSEK

« Konschtmaart » à Dalheim

# Konschtmaart zu Duelem

Fotogalerie • Galerie de photos

LU Am Kader vum Konschtmaart, organiséiert vun der Kulturkommissioun, ass schonn um Virowend, Samschdes den **2. Mee 2026**, fir eng flott Stëmmung gesuergt ginn. Um Schoulcampus zu Duelem huet den Duo Wa-Ta Touille mat sengem musikalesche Programm eng flott Ambiance geschaf, bei där d'Visiteuren de Start vum Konschtweekend bei engem gudde Maufel a Patt entspaant konnte genéissen.

Sonndes, den **3. Mee 2026** wor um 10.30 Auer déi offiziell Ouverture vum Konschtmaart. D'Aussteller haten hir Stänn opgeriicht an eng grouss Villfalt u Konschtwierker a Produite presentéiert. Fir all Goût wor eppes dobäi : vu Bijouen an handgemaachte Stécker, gebitzt oder geheekelt, bis hin zu dekorativen Artikelen, wéi Biller, Luuchten, Käerzen an Artikelen aus Holz, fir der nëmmen e puer ze nennen – d'Offer wor esou faarweg a variéiert wéi d'Konscht selwer.

FR *Dans le cadre du « Konschtmaart », organisé par la commission de la culture, une ambiance chaleureuse régnait déjà la veille, le samedi **2 mai 2026**. Sur le campus scolaire de Dalheim, le duo Wa-Ta Touille a su créer une belle atmosphère avec son programme musical, permettant aux visiteurs de profiter en toute détente du lancement du week-end artistique autour d'un bon repas et d'un verre.*

*Le dimanche **3 mai 2026**, l'ouverture officielle du « Konschtmaart » a eu lieu à 10.30 heures. Les exposants avaient installé leurs stands et présentaient une grande diversité d'oeuvres et de produits. Il y en avait pour tous les goûts : des bijoux et créations artisanales, cousues ou crochetées, en passant par des articles décoratifs tels que des tableaux, des luminaires, des bougies ou encore des objets en bois – une offre aussi colorée et variée que l'art lui-même.*


© Gemeng Duelem

Nieft Konscht fir d'A goufen och kulinaresch Spezialitéiten ugebueden.

Fir déi musikalesch Ënnerhalung hunn d'Moukekingen, d'Uespelter Musek a MAYB2 gesuergt.

E gelongene Konschtmaart, dee Konscht, Kultur a Gesellegkeet verbonnen huet.

*Outre les plaisirs visuels, des spécialités culinaires étaient également proposées.*

*L'animation musicale était assurée par les Moukekingen, l'Uespelter Musek et MAYB2.*

*Un « Konschtmaart » réussi, ralliant harmonieusement art, culture et convivialité.*

# Gaart an Heem Fëlschdref

**LU** De Gaart an Heem vu Fëlschdref bitt all Joer hiren Awunner un, Blummen a Blummebuedem ze bestellen, déi da vun der APEMH vu Betten un der Mess geliwwert ginn. De **7. Mee 2026** war den Dag wou déi Blumme verdeelt goufen an déi sympathesch Initiativ gouf ofgeschloss mat engem sëffege Pättchen.

*Gaart an Heem Fëlschdref*


© Gaart an Heem Fëlschdref

### *Fête des voisins*

# Nopeschfest

**LU** De **16. Mee 2026** haten d'Schäfferéit vu Munneref an Duelem op hiert traditionellt Nopeschfest tëscht den zwou Gemengen agelueden.

Dëst Joer hunn sech d'Matbiergerinnen a Matbierger aus den zwou Gemengen op der „Place des Villes Jumelées" zu Munneref afonnt, wou si e flotte Moment zesumme verbruecht hunn. Fir dat leiflecht Wuel wor och gesuergt: Um Menu stounge Fierkel um Spiiss a Gegrills, preparéiert vun der Boucherie Clement an offréiert vun den zwou Gemengen.


© Gemeng Munneref

**FR** *Le **16 mai 2026**, les collèges échevinaux de Mondorf-les-Bains et de Dalheim avaient invité à leur traditionnelle fête des voisins entre les deux communes.*

*Cette année, les citoyennes et citoyens des deux communes se sont retrouvés sur la Place des Villes Jumelées à Mondorf-les-Bains, où ils ont partagé un agréable moment de convivialité. Le bien-être culinaire n'avait évidemment pas été oublié : au menu figuraient un porcelet ainsi que des grillades, préparés par la Boucherie Clement et offerts par les deux communes.*


© Gemeng Munneref

## *Prévention contre les cambriolages*

# Preventioun géint den Abroch

**LU** Den **19. Mee 2026** huet d'Kommissioun fir Mobilitéit, Gemengeweeër, Sécherheet a Präventioun vun der Gemeng Duelem, an Zesummenaarbecht mat der Police, eng Informatiounsversammlung am Centre Culturel zu Duelem organiséiert, fir déi och d'Awunnerinnen an d'Awunner vu Munneref invitéiert woren.

Am Kader vun däser Versammlung krut de Public en interessanten Abléck an d'Aarbecht an d'Missioune vun der Police. Donieft goufen och vill nëtzlech Informatiounen a praktesch Rotschléi vermëttelt, wéi een säin Doheem besser géint Abroch ofséchere kann an op wat een am Alldag oppasse soll, fir sech virun Déifstall a kriminellen Handlunge besser ze schützen.

De Public hat ausserdeem d'Méiglechkeet, Froen ze stellen an sech direkt mat de Vertrieder vun der Police auszetauschen.

**FR** *Le **19 mai 2026**, la Commission de la mobilité, des chemins communaux, de la sécurité et de la prévention de la Commune de Dalheim, en collaboration avec la Police, a organisé une réunion d'information au Centre Culturel de Dalheim, à laquelle les habitants de Mondorf-les-Bains étaient également invités.*

*Dans le cadre de cette réunion, le public a pu obtenir un aperçu intéressant du travail et des missions de la Police. De nombreuses informations utiles, ainsi que des conseils pratiques ont également été présentés, afin d'expliquer comment mieux protéger son domicile contre les cambriolages et à quels éléments il convient de prêter attention au quotidien pour se prémunir contre les vols et les actes criminels.*

*Le public a en outre eu la possibilité de poser des questions et d'échanger directement avec les représentants de la Police.*


© Sacha Georges


© Peggy Olinger

## Journée des bourgmestres – Ma commune, ma culture

# Buergermeeschterdag – Meng Gemeng, Meng Kultur

**LU** Den **21. Mee 2026** huet de Kulturminister Eric THILL um Buergermeeschterdag zu Munneref am Casino 2000 déi nei participativ Approche vun der Regierung am Beräich vun der regionaler Kulturentwécklung presentéiert. Am Kader vum nationale Plang „Accès à la culture" soll d'Kultur méi accessibel, inklusiv a besser an de Regioune verankert ginn, an dat duerch eng enk Zesummenaarbecht mat de Gemengen an de regionale Partner.

Ënnert den ugekënnegte Mesurë woren ënner anerem eng verstäerkt Ënnerstëtzung fir kommunal a regional Kulturprojeten, den Ausbau vun der regionaler Zesummenaarbecht, d'Schafe vun dezentrale Kreativraim, souwéi nei Hëllefe fir kulturell Infrastrukturen. Besonnesch ervirgehuewe goufen och d'Wichtegkeet vum Benevolat, vun der kultureller Bildung an der Valoriséierung vum lokale Patrimoine.

Den Ofschloss gouf duerch thematesch Presentatiounen an eng inklusiv Danzopféierung ënnert der Leedung vun der Choreographin Sylvia CAMARDA markéiert.


**FR** *Le **21 mai 2026**, à l'occasion de la journée des bourgmestres organisée au Casino 2000 à Mondorf-les-Bains, le ministre de la Culture Eric THILL a présenté la nouvelle approche participative du gouvernement en matière de développement culturel régional. Dans le cadre du plan national « Accès à la culture », l'objectif est de rendre la culture plus accessible, inclusive et mieux ancrée dans les régions grâce à une étroite collaboration avec les communes et les partenaires régionaux.*

*Parmi les mesures annoncées figuraient notamment un soutien renforcé aux projets culturels communaux et régionaux, le développement de la coopération régionale, la création d'espaces créatifs décentralisés, ainsi que de nouvelles aides en faveur des infrastructures culturelles. L'importance du bénévolat, de l'éducation culturelle et de la valorisation du patrimoine local a également été particulièrement soulignée.*

*La journée s'est clôturée par plusieurs présentations thématiques, ainsi qu'une représentation de danse inclusive sous la direction de la chorégraphe Sylvia CAMARDA.*


© Tamara Mangerich


© Tamara Mangerich


© Peggy Olinger

## Jardin du souvenir

# Äschestreewiss

**LU** Den **22. Mee 2026** gouf d'Äschestreewiss um Kierfecht zu Duelem am Kader vun enger klenger Zeremonie ageweit.

Bei däser Geleeënheet woren de Schäffen- a Gemengerot, d'Gemengepersonal, den Här Paschtouer Gregor GRZANKA, souwéi Vertrieder vun de verschiddene Firmen, déi un der Realisatioun vun däsem wichtege Projet matgewierkt hunn, present.

**FR** *Le **22 mai 2026**, le jardin du souvenir au cimetière de Dalheim a été inauguré dans le cadre d'une petite cérémonie.*

*À cette occasion, les membres du collège échevinal et du conseil communal, le personnel communal, Monsieur le curé Gregor GRZANKA, ainsi que les représentants des différentes entreprises ayant contribué à la réalisation de cet important projet étaient présents.*





















## Fête scolaire

# Schoulfest

LU De **5. Juni 2026** huet d'Schoul-SEA Fest ënnert dem Motto „Magic am Abenteuerland" stattfonnt.

Fir dësen Dag hat de Kannercomité sech eng Rei flott Aktivitéiten an Atelieren afale gelooss, déi zesumme mam Personal vun der Maison Relais An de Wolleken an dem Schoulpersonal virbereet an organiséiert goufen.

Mat vill Léift zum Detail a grousser Kreativitéit gouf dekoréiert a sech verkleet, fir déi richteg Atmosphär ze schafen, déi grouss a kleng Visiteure begeeschtert huet. Déi villfälteg Atelieren, den Danzoptrëtt, d'Zaubershow an d'Tombola haten e grousse Succès.

Fir Iessen an Drénke wor och beschtens gesuergt. Nieft Gegrills a Grompere konnten d'Gäscht ënner anerem Eisekuchen, Panecher an Zockerwatt genéissen, esou datt fir jiddereen eppes dobäi wor.

Et wor e gelongent Fest, bei deem d'Schoulpersonal, d'Personal vun der Maison Relais An de Wolleken an d'Elterevertrieder Hand an Hand zesummegeschafft hunn, fir de Kanner an hire Familljen e flott Fest ze erméiglechen.

FR *Le **5 juin 2026**, la fête scolaire et du SEA s'est déroulée sous le thème « La magie au pays de l'aventure ».*

*Pour cette journée, le comité des enfants avait imaginé une série d'activités et d'ateliers attrayants, préparés et organisés en collaboration avec le personnel de la Maison Relais An de Wolleken et le personnel enseignant.*

*Avec beaucoup de soin, de créativité et d'attention aux détails, les lieux ont été décorés et les participants se sont déguisés afin de créer une ambiance féerique qui a enchanté petits et grands visiteurs. Les nombreux ateliers, le spectacle de danse, le spectacle de magie ainsi que la tombola ont rencontré un vif succès.*

*La restauration et les boissons étaient également assurées. Outre les grillades et les pommes de terre, les visiteurs ont pu déguster des gaufres, des crêpes et de la barbe à papa, de quoi satisfaire tous les goûts.*

*Cette fête a été une belle réussite. Le personnel enseignant, le personnel de la Maison Relais An de Wolleken ainsi que les représentants des parents d'élèves ont travaillé main dans la main afin d'offrir aux enfants et à leurs familles une journée festive et conviviale.*



© Peggy Olinger



© Peggy Olinger


© Peggy Olinger


© Peggy Olinger


© Peggy Olinger


© Peggy Olinger


© Peggy Olinger


© Peggy Olinger


© Peggy Olinger

## Comice agricole Welfrange-Filsdorf

# Landwirtschaftleche Lokalveräin Welfreng-Fëlschdref

LU De **5. Juni 2026** huet de Landwirtschaftleche Lokalveräin Welfreng-Fëlschdref op d'Aweiung vu senger neier Hal fir landwirtschaftlech Maschinnen zu Welfreng invitéiert.

De Landwirtschaftleche Lokalveräin Welfreng-Fëlschdref ass virun zwee Joer aus der Fusioun vun de Lokalveräiner vu Welfreng a Fëlschdref entstan. Dëst huet et erméiglecht déi gemeinsam Aktivitéiten am Déngscht vun der Landwirtschaft weider auszebauen.

De Bau vun der neier Hal stellt eng wichteg Etapp an der Entwécklung vum Landwirtschaftleche Lokalveräin duer. Mat der Erweiderung vum Maschinnepark ass de Besoin un enger funktioneller Hal ëmmer méi grouss ginn.

Deen neie Bau bitt elo optimal Konditioune fir d'Ënnerbrénge vun de landwirtschaftleche Maschinnen a schaaft gläichzäiteg eng zolidd Basis fir déi zukünfteg Entwécklung an d'Aktivitéite vum Landwirtschaftleche Lokalveräin Welfreng-Fëlschdref.

FR *Le **5 juin 2026**, le Comice agricole Welfrange-Filsdorf a invité à l'inauguration de son nouveau hangar destiné au stockage des machines agricoles à Welfrange.*

*Le Comice agricole Welfrange-Filsdorf est né il y a deux ans de la fusion des comices agricoles de Welfrange et de Filsdorf. Cette fusion a permis de renforcer et de développer davantage les activités communes au service de l'agriculture.*

*La construction de ce nouveau hangar constitue une étape importante dans le développement du comice agricole. Avec l'agrandissement du parc de machines, le besoin d'une infrastructure fonctionnelle et adaptée s'est fait de plus en plus ressentir.*

*Le nouveau hangar offre désormais des conditions optimales pour l'entreposage des machines agricoles et crée, en même temps, une base solide pour le développement futur ainsi que pour les activités du Comice agricole Welfrange-Filsdorf.*




© Jean-Marie Meyrer



© Jean-Marie Meyrer

# Nuit du Sport 2026

**LU** De **6. Juni 2026** huet d'Jugend- a Sportskommissioun déi éischt Editioun vun der Nuit du Sport an der Gemeng Duelem organiséiert. Ënnert dem Motto **„Maach Mat a probéier aus!"** konnten d'Participanten um Fussballsterrain verschidde Sportaarten entdecken an ausprobéieren.

Um Programm stounge Fussball, Badminton, Taekwondo, Basketball an Athletik, wou souwuel Ufänger wéi och erfuere Sportler op hir Käschte koumen.

An enger flotter a geselleger Atmosphär hunn déi kleng a grouss Participanten e puer schéin a sportlech Stonne verbruecht. D'Nuit du Sport wor eng flott Geleeënheet fir nei Sportaarte kennenzeléieren, sech sportlech ze betätegen an zesumme Spaass un der Beweegung ze hunn.

**FR** *Le **6 juin 2026**, la Commission de la Jeunesse et des Sports a organisé la première édition de la Nuit du Sport dans la Commune de Dalheim. Sous le slogan **« Participe et découvre ton sport ! »**, les participants ont pu découvrir et s'initier à différentes disciplines sportives sur le terrain de football.*

*Au programme figuraient le football, le badminton, le taekwondo, le basketball et l'athlétisme, permettant aussi bien aux débutants qu'aux sportifs expérimentés de trouver une activité à leur goût.*

*Dans une ambiance conviviale et chaleureuse, petits et grands ont passé quelques heures agréables placées sous le signe du sport. La Nuit du Sport a été une belle occasion de découvrir de nouvelles disciplines, de pratiquer une activité physique et de partager ensemble le plaisir du mouvement.*


© Gemeng Duelem


© René Ernst


© Gemeng Duelem


© Gemeng Duelem

### Barbecue à Filsdorf

## Grillfest zu Fëlschdref


© Conny Welter

**LU** De **6. a 7. Juni 2026** hat d'Amicale Pompjeeën Fëlschdref asbl op hiert traditionellt Grillfest zu Fëlschdref beim Wäschbour invitéiert.

Déi 2 Deeg wor beschtens fir Iessen a Gedrénks gesuergt.

**FR** *Les **6 et 7 juin 2026**, l'Amicale Pompjeeën Fëlschdref asbl a invité à son barbecue traditionnel près du Wäschbour à Filsdorf.*

*Durant ces deux journées, les visiteurs ont pu profiter d'une restauration variée ainsi que d'un large choix de boissons.*

### Fête des Mères

## Mammendagsfeier

**LU** Den **11. Juni 2026** huet de Schäffen- a Gemengerot, an Zesummenaarbecht mat der Drëttalterskommissioun, all Fraen ab 60 Joer, eleng oder a Begleedung, op eng gemittlech Mammendagsfeier an de Centre Culturel zu Duelem invitéiert.

Bei dëser Geleeënheet sinn an enger geselleger Atmosphär bei Kaffi a Kuch flott Gespréicher gefouert ginn.

**FR** *Le **11 juin 2026**, le collège échevinal et le conseil communal, en collaboration avec la Commission du Troisième Âge, ont invité toutes les femmes âgées de 60 ans et plus, seules ou accompagnées, à une chaleureuse Fête des Mères au Centre Culturel de Dalheim.*

*À cette occasion, les participantes ont partagé un agréable moment de convivialité autour d'un café et de gâteaux.*


© Gemeng Duelem


© Gemeng Duelem


© Gemeng Duelem

Fotogalerie • Galerie de photos

## 2000 Ans d'Histoire de la Viticulture dans la région de la Moselle

# 2000 Joer Wäibaukultur an der Muselregioun

**LU** Ënnert dësem Motto huet d'Ricciacus Frënn asbl, an Zesummenaarbecht mam INRA a mam CML, den **11. Juni 2026** op déi zweet Editioun vun dëser Konferenz an de Réimertheater zu Duelem invitéiert.


Déi impressionant historesch Kuliss vum Theater huet de perfekte Kader gebueden, fir dem interesséierte Publikum Ablécker an d'Geschicht vum Wäibau a vum Wäinhandel ze vermëttelen. Déi invitéiert Fachleit hunn an hire Virträg hiert Wësse mam Publikum gedeelt.

Nom informativen Deel gouf de Publikum op d'Degustatioun vu verschidde Wäiner invitéiert, bei där déi Interesséiert sech weider austausche konnten.

**FR** *Sous ce thème, la Ricciacus Frënn asbl, en collaboration avec l'INRA et le CML, a invité le public à la deuxième édition de cette conférence, le **11 juin 2026**, au théâtre romain de Dalheim.*

*L'impressionnant cadre historique du théâtre a offert un décor idéal pour faire découvrir au public intéressé l'histoire de la viticulture et du commerce du vin. Les spécialistes invités ont partagé leurs connaissances à travers des exposés riches en enseignements.*

*À l'issue de la partie informative, les participants ont été conviés à une dégustation de différents vins, offrant ainsi l'occasion de poursuivre les échanges.*




© Ricciacus-Frënn



© Steve Hopp



© Steve Hopp

## *Action crème solaire*

# Aktioun Sonnecrème

**LU** Den **12. Juni 2026** huet de Schäfferot kleng Sonnecrèmë mat Karabiner, déi ee kann noféllen, un d'Schülerinnen an d'Schüler aus der Grondschoul, d'Schoulpersonal, d'Personal aus der Maison Relais, souwéi d'Gemengepersonal verdeelt. Duerch hiert praktescht Format an de Karabiner kënnen si einfach un e Schoulsak, Rucksak oder un der Box befestegt ginn an huelen nëmme wéineg Plaz an.

Dës Aktioun soll Grouss a Kleng fir de Schutz virun der Sonn sensibiliséieren. Reegelméissegt Acrème schützt net nëmme virun engem Sonnebrand, mee dréit och zur Gesondheet vun der Haut bäi.

**FR** *Le **12 juin 2026**, le collège échevinal a distribué de petits flacons de crème solaire rechargeables, munis d'un mousqueton, aux élèves de l'école fondamentale, au personnel enseignant, au personnel de la Maison Relais ainsi qu'au personnel communal. Grâce à leur format pratique et au mousqueton, ils peuvent être facilement accrochés à un cartable, à un sac à dos ou à un pantalon, et prennent très peu de place.*

*Cette action vise à sensibiliser petits et grands à l'importance de la protection contre le soleil. L'application régulière de crème solaire permet non seulement de prévenir les coups de soleil, mais contribue également à préserver la santé de la peau.*


© Gemeng Duelem


© Gemeng Duelem


© Gemeng Duelem


© Gemeng Duelem


© Gemeng Duelem

## *Visite du centre de ressources*

# Visitt vum Ressourcenzenter

LU Tëscht dem **4. Mee an dem 15. Juni 2026** haten d'Schülerinnen an d'Schüler vum Cycle 1 bis Cycle 3 vun der Grondschoul d'Geleeënheet, de Ressourcenzenter zu Duelem ze besichen.

De Fabio ROMAO, zoustännege Gemengenaarbechter fir de Ressourcenzenter, huet de Kanner interessant Informatioune vermëttelt an erkläert, wéi Offäll richteg getrennt a recycléiert ginn a wat mat de verschiddene Materialie geschitt, nodeems se am Ressourcenzenter ofgi ginn.

Mat konkrete Beispiller an op eng spilleresch Aart a Weis konnten d'Schülerinnen an d'Schüler vill Neies iwwer den Ëmweltschutz, d'Offallvermeidung an d'Wichtegkeet vum Recycléiere léieren. Eng Aktivitéit déi si motivéiere soll, och am Alldag bewosst a verantwortungsvoll mat de Ressourcen ëmzegoen an esou hiren Deel zum Schutz vun onser Ëmwelt bäizedroen.

FR *Entre le **4 mai et le 15 juin 2026**, les élèves du cycle 1  au cycle 3 de l'école fondamentale ont eu l'occasion de visiter le centre de ressources de Dalheim.*

*À cette occasion, Fabio ROMAO, responsable communal du centre de ressources, a donné aux enfants des informations intéressantes, a expliqué comment trier correctement les déchets en vue de leur recyclage et a précisé ce qu'il advient des différentes matières une fois déposées au centre de ressources.*

*Grâce à des exemples concrets et à une approche ludique, les élèves ont pu en apprendre davantage sur la protection de l'environnement, la réduction des déchets et l'importance du recyclage. Cette activité avait pour objectif de les sensibiliser à une utilisation responsable des ressources au quotidien et de les encourager à contribuer, à leur échelle, à la préservation de notre environnement.*


© Sonja Wies


© Carole Schumacher


© Sonja Wies

## Inauguration du bâtiment provisoire du CIS Dalheim

# Aweiung vum provisoresche Gebai vum CIS Duelem

**LU** Den **19. Juni 2026** gouf de provisoresche Pompjeesbau vum CIS Duelem a Presenz vum Innenminister Léon GLODEN a senge Mataarbechter, Vertrieder vum CGDIS a vum CIS Fréiseng, Membere vum CIS Duelem, Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot, Memberen aus de Schäfferéit vum Kanton Réimech, Vertrieder vun deene verschiddene Firmen déi un der Planung, un der Realisatioun an um Opbau geschafft hunn, souwéi dem Personal vun der Gemeng Duelem, ageweit.

Nodeems déi fréier Raimlechkeeten duerch e Waasserschued net méi benotzbar waren an d'Gebai huet missen ofgerappt ginn, ass dëse provisoresche Bau als Iwwergangsléisung entstanen. Hie gëtt als Büro a Garage genotzt a stellt sécher, dass de CIS Duelem och bis zur Realisatioun vun engem definitive Pompjeesbau iwwer déi néideg Raimlechkeeten an eng funktionell Infrastruktur verfüügt, fir hir wichteg Missioun och an Zukunft ënner optimale Konditiounen ze erfëllen.

**FR** *Le **19 juin 2026**, le bâtiment provisoire du CIS Dalheim a été inauguré en présence du Ministre de l'Intérieur Léon GLODEN et de ses collaborateurs, de représentants du CGDIS et du CIS Frisange, des membres du CIS Dalheim, des membres du collège échevinal et du conseil communal, des membres des collèges échevinaux des communes du canton de Remich, des représentants des différentes entreprises ayant participé à la conception, à la réalisation et au montage du bâtiment, ainsi que du personnel communal de Dalheim.*

*À la suite d'un important dégât des eaux ayant rendu les anciens locaux inutilisables et entraîné leur démolition, ce bâtiment provisoire a été réalisé comme solution transitoire. Il est utilisé comme espace de bureaux et garage et permet au CIS Dalheim de disposer des locaux et des infrastructures fonctionnelles nécessaires jusqu'à la réalisation d'un futur centre d'incendie et de secours définitif. Les sapeurs-pompiers peuvent ainsi continuer à assurer leurs missions essentielles dans des conditions optimales.*


© Gemeng Duelem

Fotogalerie • Galerie de photos

## *Chasse au trésor*

# Schatzsich

**LU** Den **20. Juni 2026** huet d'Kommissioun vun der Egalitéit a vum interkulturellen Zesummeliewen eng Schatzsich fir Kanner organiséiert.


Trotz den héijen Temperaturen haten sech vill Kanner mat hiren Elteren um 15.00 Auer bei der Grondschoul afonnt, wou si e Sécherheetsgilet an eng Sonnecrème ausgedeelt kruten. Gläichzäiteg wor dëst och de Startpunkt vun der Schatzsich.

Hei wor deen éischten Hiweis verstoppt, deen de jonken Entdecker de Wee bei déi nächst Etapp gewisen huet. D'Streck huet vun der Grondschoul op de Multisport-Terrain, weider op d'Scoutswiss a bei d'Jugendhaus gefouert, éier d'Schatzsich op der Spillplaz hiren Ofschloss fonnt huet.

Do konnten d'Kanner sech mat Uebst a Gedrénks stäerken.

Als Erënnerung un dëse flotten Nomëtteg krut all Kand ee klenge Kaddo iwwerreecht.


© Tammy Georges


© Peggy Olinger


© Sacha Georges


© Peggy Olinger

**FR** *Le **20 juin 2026**, la Commission de l'égalité et du vivre-ensemble interculturel a organisé une chasse au trésor destinée aux enfants.*

*Malgré les températures élevées, de nombreux enfants, accompagnés de leurs parents, se sont retrouvés à 15.00 heures près de l'école fondamentale, où des gilets de sécurité et de la crème solaire leur ont été distribués. Ce lieu constituait également le point de départ de la chasse au trésor.*

*Le premier indice y était caché et a permis aux jeunes explorateurs de se mettre sur la piste de l'étape suivante. Le parcours les a conduits de l'école fondamentale au terrain multisports, puis à la Scoutswiss et à la maison des jeunes, avant de s'achever sur l'aire de jeux.*

*À l'aire de jeux, les enfants ont pu reprendre des forces grâce à des fruits et des boissons rafraîchissantes.*

*En souvenir de ce bel après-midi, chaque enfant a reçu un petit cadeau.*

## Veille de la Fête nationale

# Virowend vun Nationalfeierdag

LU Wéi all Joer hunn de Schäffen- a Gemengerot den **22. Juni 2026** d'Awunnerinnen an d'Awunner häerzlech op d'Feierlechkeete vum Virowend vun Nationalfeierdag invitéiert.

Wéinst den héijen Temperaturen huet de geplangte Cortège vun der Gemengeplaz an d'Duelemer Kierch missten ofgesot ginn, sou dass sech d'Participanten direkt an der Duelemer Kierch afonnt hunn.

Nom Te Deum, dee vun der Chorale Duelem gesanglesch ënnermoolt gouf a bei deem d'Duelemer Musek d'Sonnerie Nationale gespillt huet, ass et am Cortège an de Centre Culturel gaangen. Do huet den Här Buergermeeschter eng Ried un d'Biergerinnen an d'Bierger geriicht an uschléissend op den Éierewäin invitéiert.

*FR Le **22 juin 2026**, comme chaque année, le collège échevinal et le conseil communal ont cordialement invité les habitants aux festivités organisées à l'occasion de la veille de la Fête nationale.*

*En raison des températures élevées, le cortège prévu entre la Gemengeplaz et l'église de Dalheim a dû être annulé. Les participants se sont donc rendus directement à l'église.*

*Après le Te Deum, accompagné par les chants de la Chorale de Dalheim et au cours duquel la Duelemer Musek a interprété la Sonnerie Nationale, le cortège s'est dirigé vers le Centre Culturel de Dalheim. Le bourgmestre y a prononcé son discours à l'attention des citoyennes et citoyens avant d'inviter au vin d'honneur.*


© Gemeng Duelem


© Gemeng Duelem

Am Kader vun dëse Feierlechkeeten ass den Här René HERMES mat enger Medail fir 45 Joer als Member bei de Pompjeeë geéiert ginn.

Op der Gemengeplaz hu Lungo & Mill mat Danzmusek fir eng flott Ambiance an den FC Les Aiglons Dalheim fir Iessen a Gedrénks gesuergt.

E grousse Merci geet un d'Veräiner, d'Associatiounen an un all déi, déi duerch hir Präsenz oder hiert Engagement zum Gelénge vun dësem traditionelle Rendez-vous bäidroen, an de Virowend vun Nationalfeierdag all Joer zu engem besonnesche Moment am Duelemer Gemengeliewe maachen.

*Dans le cadre de ces célébrations, Monsieur René HERMES a été décoré d'une médaille en reconnaissance de ses 45 ans en tant que membre des sapeurs-pompiers.*

*Sur la Gemengeplaz, Lungo & Mill ont assuré l'animation musicale, tandis que le FC Les Aiglons Dalheim a veillé à la restauration et aux boissons.*

*Un grand Merci est adressé aux clubs, associations et à toutes les personnes qui, par leur présence ou leur engagement, contribuent à la réussite de ce rendez-vous traditionnel et font de la veille de la Fête nationale un moment fort de la vie communale à Dalheim.*



© Gemeng Duelem



© Gemeng Duelem



© Gemeng Duelem



© Gemeng Duelem



© Gemeng Duelem



© Gemeng Duelem



© Gemeng Duelem



© Gemeng Duelem



© Gemeng Duelem



## *Soirée d'information*

# Informatiounsowend

LU De **26. Juni 2026** haten d'Duelemer Elterevertrieder op en Informatiounsowend an de Centre polyvalent zu Fëlschdref invitéiert.

Bei dëser Geleeënheet huet d'Madamm Lucia ANTUNES d'Elterevertrieder an hir Roll virgestallt.

Den Här Nuno LOPES CORREIA huet d'Participanten iwwer déi nei opgestallten Elterevereenegung, hir zukünfteg Aktivitéiten an déi nei Statuten informéiert, déi hien zesumme mat der Madamm Lucia ANTUNES an der Madamm Sonja PEFFER ausgeschafft huet. Ausserdeem gouf op déi ausseruerdentlech Generalversammlung higewisen, déi den **18. September 2026 um 18.00 Auer** um 2. Stack vun der Duelemer Gemeng stattfënnt a bei där déi nei Statuten an de Comité presentéiert ginn.

Ofgeschloss gouf den Owend mat engem Virtrag vu BeeSecure. D'Participanten hunn dobäi wäertvoll Informatiounen an Tipps fir e sécheren a verantwortungsbewossten Ëmgang mam Internet an de soziale Medie kritt. Besonnesch am Fokus stoung d'Fro, wéi Kanner a Jugendlecher am digitalen Alldag am Beschte begleet a sensibiliséiert kënne ginn.

FR *Le* ***26 juin 2026****, les représentants des parents d'élèves de Dalheim ont convié à une soirée d'information organisée au Centre polyvalent à Filsdorf.*

*À cette occasion, Madame Lucia ANTUNES a présenté les représentants des parents d'élèves ainsi que leur rôle.*

*Monsieur Nuno LOPES CORREIA a informé les participants de l'association des parents d'élèves nouvellement formée, de ses futures activités ainsi que des nouveaux statuts qu'il a élaborés avec Madame Lucia ANTUNES et Madame Sonja PEFFER. Les participants ont également été informés de l'assemblée générale extraordinaire qui se tiendra le* ***18 septembre 2026 à 18.00 heures*** *au 2ème étage de la mairie, au cours de laquelle les nouveaux statuts et le comité seront présentés.*

*La soirée s'est achevée par une conférence de BeeSecure. Les participants ont reçu de précieuses informations et des conseils sur une utilisation sûre et responsable d'Internet et des réseaux sociaux. L'accent a été mis sur la manière d'accompagner et de sensibiliser au mieux les enfants et les adolescents dans leur quotidien numérique.*



© Peggy Olinger



© Peggy Olinger

### Barbecue à Dalheim

## Grillfest zu Duelem

**LU** De **27. an 28. Juni 2026** hat d'Amicale Pompjeeën Duelem-Welfreng op hiert Grillfest zu Duelem op d'Scoutswiss invitéiert.

Iwwer déi zwee Deeg wore flott Aktivitéiten um Programm, wéi d'Entdecke vun de Pompjeesgefierer, Spiller fir Kanner, ee Sprangschlass, souwéi en Optrëtt vum Danzgrupp Kiischtebléien.


© Amicale Pompjeeën Duelem-Welfreng

**FR** *Les **27 et 28 juin 2026**, l'Amicale Pompjeeën Duelem-Welfreng a invité à son barbecue sur la Scoutswiss à Dalheim.*

*Au cours de ces deux jours, de nombreuses animations étaient proposées, parmi lesquelles la découverte des véhicules des sapeurs-pompiers, des jeux pour enfants, un château gonflable, ainsi qu'une prestation du groupe de danse Kiischtebléien.*

### Assemblée générale de l'asbl Fonds Jean-Pierre Hentzen

## Generalversammlung vun der Fonds Jean-Pierre Hentzen asbl


© Sacha Georges

**LU** Den **1. Juli 2026** huet d'Fonds Jean-Pierre Hentzen asbl hir Generalversammlung am Centre Culturel zu Welfreng ofgehalen.

No der Ofstëmmung vun de Punkten déi op der Dagesuerdnung stoungen, hunn d'Comitésmemberen op ee Patt invitéiert fir den Owend gemittlech auskléngen ze loossen.

**FR** *Le **1er juillet 2026**, l'asbl Fonds Jean-Pierre Hentzen a tenu son assemblée générale au centre culturel de Welfrange.*

*Après l'approbation des points inscrits à l'ordre du jour, les membres du comité ont invité à un verre de l'amitié afin de clôturer la soirée dans une ambiance conviviale.*


# GADDA DA WIDDEM – DUELEM OPEN AIR


LU De **4. Juli 2026** huet d'Kulturkommissioun, an Zesummenaarbecht mat der Jugend- a Sportskommissioun, op déi zweet Editioun vum Museksfestival GADDA DA WIDDEM - DUELEM OPEN AIR op d'Scoutswiss zu Duelem agelueden.

Bei beschtem Summerwieder an ënner fräiem Himmel gouf déi kleng Wiss beim Holzchalet als Cateringberäich ageriicht. Do hunn d'Duelemer Musek, de KC Klatzentriwweler zesumme mam Kultur Veräin Duelem, souwéi zwee weider Foodtrucken, fir eng ofwiesslungsräich Auswiel u Gedrénks an Iesse gesuergt.

Op der grousser Wiss hunn d'Duelemer Scouten de Publikum mat Gedrénks versuergt. Do stoung och d'Bün, op där déi lëtzebuergesch Bands ONE LAST TIME, DREAM CATCHER an HUNNEG-STRËPP de Publikum begeeschtert hunn.

Och dëst Joer wor de Feedback vun de Visiteure ganz positiv. Besonnesch gelueft goufen déi gutt Organisatioun, dee flotte Site an déi gutt Stëmmung, déi bis zum Schluss ugehalen huet.


© Christiane Hermes


© Christiane Hermes

FR *Le **4 juillet 2026**, la commission de la culture, en collaboration avec la commission de la jeunesse et des sports, a organisé la deuxième édition du festival de musique GADDA DA WIDDEM - DUELEM OPEN AIR sur la Scoutswiss à Dalheim.*

*Par un magnifique temps estival et en plein air, la petite partie de la Scoutswiss, située à proximité du chalet en bois, avait été aménagée en espace de restauration. La Duelemer Musek, le KC Klatzentriwweler en collaboration avec le Kultur Veräin Duelem, ainsi que deux autres food trucks y proposaient un large choix de boissons et de spécialités culinaires.*

*Sur la grande partie de la Scoutswiss, les scouts de Dalheim assuraient le service des boissons. C'est également à cet endroit qu'était installée la scène, sur laquelle les groupes luxembourgeois ONE LAST TIME, DREAM CATCHER et HUNNEG-STRËPP ont enthousiasmé le public.*

*Comme lors de la première édition, les visiteurs ont exprimé des retours très positifs. L'organisation, la qualité du site et l'ambiance conviviale, qui s'est prolongée jusque tard dans la soirée, ont été particulièrement appréciées.*


© Peggy Olinger

# Ofschlossfeier vun de Jugendekippe vum Fussballsveräin FC Les Aiglons Duelem

LU De **4. Juli 2026** hunn d'Kanner an d'Eltere vun de Jugendkategorie vum FC Les Aiglons Duelem sech um Trainingsterrain an der Kierlingerstrooss versammelt fir den Ofschloss vun der Saison 2025/2026 zesummen ze feieren.

Um Programm war en Tournoi „Kanner géint Elteren", wou gutt gelaacht gouf an d'Kanner hiren Eltere weise konnte wat se alles bis dohi bäigeléiert hunn. All Kand ass fir seng gutt Leeschtung a säin Asaz mat enger Medail belount ginn. Uschléissend huet de Club e gudde Maufel an e Patt zum Beschte ginn.

Vum 1. bis de 4. September 2026 organiséiert de Veräin nees e Jugend-Fussballscamp mat professionellen Traineren an direkt duerno fänkt dann déi nei Saison un. Äert Kand wëll eng Kéier schnuppere kommen oder dem Veräi bäitrieden, da mellt iech per Telefon um 691 849 489 (Serge Moussi, Jugendkoordinator).

*FC Les Aiglons Duelem*


© FC Les Aiglons Dalheim


© FC Les Aiglons Dalheim


© FC Les Aiglons Dalheim


© FC Les Aiglons Dalheim

# Duelemer Scouten

LU Wat fir e gefëllte Programm vu Februar bis elo.

Bibermud, Wëllefchersrallye, Iron Scout, Greatest Wood Land Challenge, Jocapi, dat waren Aktivitéiten aus eise verschiddene Branchen déi vum Verband organiséiert goufen a wou mir deelgeholl hunn. Do donieft hu mir awer och u sëllegen Aktivitéiten aus der Gemeng deelgeholl, Konschtmaart, Grouss Botz, TeDeum, Gadda Da Widdem. Iwwerall do gouf eng Hand gebraucht an hu mir ugepaakt oder mat Presenz geblengt.

Mir selwer hunn eis traditionell Kiermes op d'Bee gestallt, wou mir nees Gléck mam Wieder haten a genuch Leit op der Wiss begréisse konnten. Nieft dem Quiz mam Klot Mëttwochs owes, gouf et Donneschdes no der Mass den Apero Concert vun der Jugendmusek vun Uespelt an eise grousse Volleyballtournoi. Fir déi kleng war natierlech och gesuergt mat Sprangschlass a Spiller vun eise Branchen. Fir d'nächst Joer kënnt dir iech dëst Event schonn an de Kalenner schreiwen. Net méi spéit ewéi Christihimmelfahrt ass op der Scoutswiss nees eng méi lass.

Eis AvEx hunn och nees hier 4. Scoutsgourmande organiséiert. Och dëst Event ass ewell e feste Bestanddeel vun de Scouten. En Tour vun 11,8 km vun Duelem op Altwis iwwer Frankräich op Uespelt, nees zeréck iwwer Fëlschdref op Duelem, mat kulinaresche Maufele ganz ronderëm Spuenien. D'Leit ware begeeschtert an hunn sech scho fir d'nächst Joer ugemellt. Also kënnt dir nees gespaant op de Flyer waarden an iech dann umelle fir déi 5. Editioun.

Elo geet Scoutsjoer lues awer sécher nees op en Enn. Déi leschtgrouss Aktivitéit fir eis Kanner ass de Summercamp. Dorop gëtt dat ganzt Joer sehnsüchteg gewaart. Ob am Chalet oder an den Zelter, dat ass einfach de gréissten Highlight vum Joer. Duerno geet et dann an eng wuelverdéngte Paus, wou nees d'Energieressourcen opgetankt ginn, fir dann am September nees voller Freed starten ze kënnen. Och dësen Datum, **Samschdes de 26.9.2026** kënnt dir iech schonn an de Kalenner schreiwen, de Schnupperdag vun de Scoute fir Kleng a Grouss, jidderee wou interesséiert ass.

Domat wënsche mir iech eng wonnerschéin an erhuelsam Summerzäit.

*Är Scoutsekipp*


© Duelemer Scouten


© Duelemer Scouten


© Duelemer Scouten


© Duelemer Scouten


© Duelemer Scouten

# 125 Joer Duelemer Musek – D'Jubiläumsjoer geet weider

LU Nom erfollegräichen offiziellen Optakt vun de Feierlechkeeten den 1. Februar ass d'Jubiläumsjoer vun der Duelemer Musek mat villen Héichpunkte weidergaangen.

De **Fréijoersgala** stoung ganz am Zeeche vun de leschten 125 Joer Veräinsgeschicht. Mat engem ofwiesslungsräiche Programm huet d'Musek de Public op eng musikalesch Rees duerch déi verschidde Joerzéngte matgeholl an déi jeeweileg Zäiten op eng besonnesch Aart a Weis nees opliewe gelooss. Déi vill Nolauschterer hunn en aussergewéinlechen a gelongene Concertsowend erlieft. Natierlech war och de Jugendorchester mat engem flotte Programm dobäi a konnt mat vill Elan a Begeeschterung iwwerzeegen.

En anere grousse Rendez-vous war den neien **„Duelem Vibes"**, dee vum 12. bis de 14. Juni stattfonnt huet. Dëst neit Event ersetzt an Zukunft dat traditionellt Schampesfest. Mat engem frësche Konzept, engem neie Look an engem neie Standuert beim Fussballsterrain gouf de Grondstee fir eng nei Traditioun geluecht. Déi grouss Festplaz huet ideal Konditioune gebueden: eng imposant Bün, modern Technik, gemittlech Lounge-Beräicher, e laange Comptoir, verschidden Iessstänn an eng grouss Spillplaz fir déi kleng Gäscht. Wärend den dräi Deeg huet eng exzellent Stëmmung geherrscht. Vill Bands, Museksgruppen a Solo-Artisten hunn de Public begeeschtert a fir eng grouss musikalesch Villfalt gesuergt. D'Reaktioune waren duerchwee positiv, an déi nei Formel ass bei de Visiteuren op grouss Begeeschterung gestouss. Och d'Wieder huet säin Deel dozou bäigedroen an huet de Festival zu engem vollen Erfolleg gemaach. Mat Spannung gëtt elo schonn op déi nächst Editioun gekuckt.


De 25. Juni huet d'Duelemer Musek d'Ouverture vum **Duelemer Kultursummer** am Réimertheater gestalt. Als Special Guest waren d'Spirit of the Highlands Pipes & Drums dobäi. Zesumme mat der Duelemer Musek hunn si verschidde musikalesch Héichpunkte presentéiert an de Concert zu engem besonneschen Erliefnis gemaach. Déi vill interesséiert Nolauschterer hunn dësen Owend mat groussem Applaus belount an de Concert ass op eng ganz positiv Resonanz gestouss.

Mat dëse gelongenen Evenementer ass d'Jubiläumsjoer awer nach laang net eriwwer. Och an de kommende Méint sti weider flott Aktivitéiten a musikalesch Héichpunkten um Programm, fir de 125. Gebuertsdag vun der Duelemer Musek zesumme mam Public ze feieren. D'Duelemer Musek freet sech, nach vill Frënn a Museksbegeeschtert bei de kommende Manifestatiounen ze begréissen an dëst besonnescht Jubiläum gemeinsam ausklénge ze loossen.

*Duelemer Musek*



© Duelemer Musek


© Duelemer Musek



© Duelemer Musek


© Duelemer Musek


© Duelemer Musek

# Taekwondo Duelem

**LU** Fir d'Membere vum Taekwondo Duelem woren déi lescht Méint erëm ganz erfollegräich. Bei verschidden nationalen an internationalen Turnéier hunn si hiert Kënnen ënner Beweis gestallt a mat vill Asaz, Disziplin a staarke Resultater iwwerzeegt.

Nieft de sportleche Competitiounen huet och ee Gradepassage stattfonnt. Dobäi konnten 19 Sportlerinnen a Sportler hir nei Ceinture entgéinthuelen.

**FR** *Ces derniers mois ont une nouvelle fois été couronnés de succès pour les membres du club Taekwondo Duelem. À l'occasion de plusieurs tournois nationaux et internationaux, ils ont démontré tout leur savoir-faire et se sont distingués par leur engagement, leur discipline et leurs excellents résultats.*

*En parallèle des compétitions, un passage de grades a également été organisé. À cette occasion, 19 pratiquants ont obtenu leur nouvelle ceinture.*


© Taekwondo Duelem



© Taekwondo Duelem




Catalunia Open zu Barcelona




Kids-Cup zu Esslingen




Hessenpokal Frankfurt
1. Plaz fir de Gogita Godin




Mosel-Cup zu Gréiwemaacher
1. Plaz fir den Tristan Willigsecker




Dreiländer-Cup zu Alsdorf
1. Plaz fir den Noé Müller




Panda-Cup zu Léck




Mailand
1. Plaz fir d'Melanie Weber an de Gogita Godin

# Duelemer Kultursummer

**LU** Vum **25. Juni 2026** bis den **30. Juli 2026** huet d'Kulturkommissioun den Duelemer Kultursummer mat engem ofwiesslungsräichen a qualitativ héichwäertege Programm am Réimertheater organiséiert.

Déi sechs Concerten – vun der Duelemer Musek mam Ensembel Spirit of the Highlands Pipes and Drums, iwwer d'Dresdner Salon-Damen, de Veda Bartringer Quartet an den Arthur Possing Quartet, Inuk – Project Abri'Lux, Nomad The Group bis bei de Fernand Delosch an d'Esther Conter – woren all ausverkaf a krute vill positiv Réckmeldungen.

**FR** *Du **25 juin 2026** au **30 juillet 2026**, la commission de la culture a organisé le Duelemer Kultursummer au Théâtre romain, proposant au public un programme varié et de grande qualité.*

*Les six concerts – de la Duelemer Musek avec l'ensemble Spirit of the Highlands Pipes and Drums, aux Dresdner Salon-Damen, en passant par le Veda Bartringer Quartet et l'Arthur Possing Quartet, Inuk – Project Abri'Lux, Nomad The Group, ainsi que Fernand Delosch et Esther Conter – ont tous affiché complet et ont suscité de très nombreux retours positifs.*


© Christiane Hermes


© Christiane Hermes

E grousse Merci geet un d'Membere vun der Kulturkommissioun fir hiren onermiddlechen Asaz an hiert Engagement, souwéi un d'Veräiner, déi sech ëm de Catering gekëmmert hunn, un d'Famill LINDEN, de Centre des Monuments du Grand-Duché de Luxembourg (CML) an un d'Gemengepersonal, dat mat sengem Asaz fir e perfekte Verlaf vum Kultursummer bäigedroen huet.

No'm grousse Succès vun dëser Editioun dierf een sech schonn elo op den Duelemer Kultursummer 2027 freeën.

*Un grand merci est adressé aux membres de la commission de la culture pour leur engagement et leur investissement sans relâche, ainsi qu'aux associations ayant assuré la restauration, à la famille LINDEN, au Centre des Monuments du Grand-Duché de Luxembourg (CML) et au personnel communal, dont l'engagement a largement contribué au parfait déroulement de cette manifestation.*

*Fort du succès rencontré cette année, le public peut d'ores et déjà se réjouir de la prochaine édition du Duelemer Kultursummer, qui se tiendra en 2027.*


© Christiane Hermes


© Gemeng Duelem


© Christiane Hermes


© Christiane Hermes


© Christiane Hermes


© Christiane Hermes


© Christiane Hermes


© Christiane Hermes


© Gemeng Duelem


© Gemeng Duelem


© Christiane Hermes


© Christiane Hermes

# Pimp my Bushaischen

**LU** Ënnert dem Motto „Pimp my Bushaischen" hunn eng Grupp Jugendlecher aus dem Jugendhaus, zesumme mam Graffiti-Kënschtler Yves-Laurent GROSBUSCH, d'Bushaischen zu Duelem mat engem flotte Graffiti nei gestalt a verschéinert.

Nodeems d'Konschtwierk fäerdeg wor, huet den Andy TOUSSAINT de Plaffong an d'Baussewänn nei ugestrach, an domat dem Bushaischen e ganz neit Gesiicht ginn.

Dëse flotte Projet ass e schéint Beispill dofir, wéi Kreativitéit, Teamgeescht an Engagement dozou bäidroe kënnen, den ëffentleche Raum opzewäerten an de Jonken d'Méiglechkeet ze ginn, hir Iddien aktiv an d'Gemengeliewen anzebréngen.




© Jugendhaus Duelem

*Sous le slogan « Pimp my Bushaischen », un groupe de jeunes de la Maison des Jeunes, accompagné de l'artiste graffeur Yves-Laurent GROSBUSCH, a entièrement relooké et embelli l'abribus de Dalheim en réalisant un magnifique graffiti.*

*Une fois l'œuvre achevée, Andy TOUSSAINT a repeint le plafond ainsi que les murs extérieurs, donnant ainsi un tout nouveau visage à l'abribus.*

*Ce beau projet illustre parfaitement la manière dont la créativité, l'esprit d'équipe et l'engagement peuvent contribuer à embellir l'espace public tout en offrant aux jeunes l'occasion de s'impliquer activement dans la vie communale et d'y exprimer leurs idées.*


© Peggy Olinger



© Gemeng Duelem

| Gemengerot |

# Aus dem Gemengerot

| Séance communale |



© Gemeng Duelem

Sëtzungen als Audio

Séances en audio

# Ëffentlech Sëtzung vum 24. Mäerz 2026

**Ëffentlech Bekanntmaachung / *Annonce publique :***
16. Mäerz 2026 / *16 mars 2026*

**Convocatioun / *Convocation :***
16. Mäerz 2026 / *16 mars 2026*

**Present / *Présents :***
Romain Kill, bourgmestre
René Ernst, échevin
Peggy Olinger, échevine
Sonja Barthel, conseillère
Tracy Bloomer, conseillère
Nicolas Dicken, conseiller
Romain Dicken, conseiller
Francine Ernster, conseillère
Luc Mangen, conseiller
Tamara Mangerich, secrétaire communale f.f.

**Beamten / *Fonctionnaires :***
Romaine Rassel

**Entschëllegt / *Excusés :***
/

LU **Ëffentlech Sëtzung:**

**1. Informatiounen un de Gemengerot**

De Buergermeeschter Romain KILL huet d'Sëtzung mat enger Opzielung vu vergaangenen Evenementer a Reuniounen opgemaach:

- 7. Februar 2026: Badmintonturnéier vun de Buergermeeschtere fir de gudden Zweck zu Stadbriedemes;
- 16. Februar 2026: Kommunikatioun vum „plan pluriannuel de financement (PPF)“ un d'Membere vum Gemengerot;
- 20. Februar 2026: Empfang vun de Studente vun der Universitéit Youngsan Busan (Südkorea) mat uschléissendem Éierewäin;
- 24. Februar 2026: Reunioun mam Här Olivier GRÜNEISEN, Chargé de Direction vum Club Syrdall an der Madamm Francine ERNSTER, Conseillère;
- 28. Februar 2026: Dag vum Bam zu Menster (Gemeng Betzder);
- 4. Mäerz 2026: Informatiounsversammlung mat de Bierger iwwer de neie Projet vum Festivitéitssite an der Kierlingerstrooss zu Duelem;
- 5. Mäerz 2026: Generalversammlung vun den „Amis de la Cerisaie“ mat Scheckiwwerreechung;
- 6. Mäerz 2026: Generalversammlung Gaart an Heem;
- 10. Mäerz 2026: Generalversammlung vum ORT Moselle;

FR ***En séance publique :***

***1. Informations au conseil communal***

*Monsieur le bourgmestre Romain KILL a ouvert la séance par une énumération de différents évènements et réunions passés, à savoir :*

- *7 février 2026 : tournoi de badminton des bourgmestres pour une bonne cause à Stadtbredimus ;*
- *16 février 2026 : communication du plan pluriannuel de financement (PPF) aux membres du conseil communal ;*
- *20 février 2026 : réception des étudiants de l'université de Youngsan Busan (Corée du Sud) avec vin d'honneur ;*
- *24 février 2026 : réunion avec M. Olivier GRÜNEISEN, chargé de Direction du Club Syrdall et Madame Francine ERNSTER, conseillère ;*
- *28 février 2026 : journée de l'arbre à Mensdorf (commune de Betzdorf) ;*
- *4 mars 2026 : réunion d'information en présence des citoyens sur le nouveau projet du site de festivités rue Kierlingerstrooss à Dalheim ;*
- *5 mars 2026 : assemblée générale des Amis de la Cerisaie avec remise de don ;*
- *6 mars 2026 : assemblée générale « Gaart an Heem » ;*
- *10 mars 2026 : assemblée générale de l'ORT Moselle ;*

LU
- 13. Mäerz 2026: Iwwerreechung vum schouleschen, kulturellen a sportleche Meritt;
- 14. Mäerz 2026: Generalversammlung vun der Aktioun Buttek Mosaïk;
- 17. Mäerz 2026: Aarbechtssëtzung vum Gemengerot;
- 18. Mäerz 2026: Reunioun mat der EKR (Energiekooperativ Kanton Réimech);
- 19. Mäerz 2026: Generalversammlung vun der Amicale vun de Pompjeeën Duelem-Welfreng;
- 19. Mäerz 2026: Seniorefeier vun der Dréttalterskommissioun am Centre culturel zu Duelem;
- 20. Mäerz 2026: After-work organiséiert vun der Dréttalterskommissioun an der Kommissioun vun der Egalitéit a vum interkulturellen Zesummeliewen.

**2. Brennholzstee fir d'Joer 2026**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, déi lokal Brennholzstee fir 2026, unzehuelen.

**3. Naturpakt**

**3.1 Kommunikatiounskonzept vun der Gemeng**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Kommunikatiouns- an Informatiounskonzept, sou wéi et vum SIAS ausgeschafft gouf am Kader vum Naturpakt, unzehuelen.

**3.2 Richtlinne vun der nohalteger Bëschgestioun**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Ëmsetzung vun de prekoniséierte Prinzippie vun der Mesure 5.11 vum Mesurëkatalog vum Naturpakt, unzehuelen.

**4. Projeten**

**4.1.A Approbatioun vun de Servitudë Reewaasserachs Kierlingerstrooss**

Den Här René ERNST, Schäffen, huet d'Sëtzung, wéinst engem direkten Interêt an der Affär, virun der Ofstëmmung verlooss am Aklang mam Artikel 20 vum geännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988.

FR
- *13 mars 2026 : Remise du mérite scolaire, culturel et sportif aux personnes méritantes ;*
- *14 mars 2026 : assemblée générale de l'« Action Buttek Mosaïk » ;*
- *17 mars 2026 : séance de travail du conseil communal ;*
- *18 mars 2026 : réunion avec l'EKR (Energiekooperativ Kanton Réimech) ;*
- *19 mars 2026 : assemblée générale de l'Amicale des pompiers Dalheim-Welfrange ;*
- *19 mars 2026 : fête des seniors de la Commission du Troisième Âge au Centre culturel à Dalheim ;*
- *20 mars 2026 : after-work organisé par la Commission du Troisième Âge et la Commission de l'égalité et du vivre-ensemble interculturel.*

***2. Vente du bois de chauffage pour l'année 2026 par une vente aux enchères***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'approuver la vente aux enchères locale pour 2026.*

***3. Pacte Nature***

***3.1 Concept de communication de la commune***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'approuver le concept de communication et d'information élaboré par le SIAS dans le cadre du Pacte Nature.*

***3.2 Lignes directrices de la gestion forestière durable***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'approuver la mise en œuvre des principes préconisés dans la mesure 5.11 du catalogue des mesures du Pacte Nature.*

***4. Projets***

***4.1.A Approbation servitudes axe eau pluviale Kierlingerstrooss***

*Monsieur René ERNST, échevin, a quitté la séance préalablement à la délibération et au vote, conformément à l'article 20 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, en raison d'un intérêt direct dans l'affaire.*

LU De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Servitudekonventioun vun ëffentlechem Notzen, déi de 5. Februar 2026 tëscht der Gemeng Duelem an der Madamm Marcelle Berthe LINDEN, der Madamm Marie Jacqueline LINDEN an der Madamm Maria ZIGRAND ënnerschriwwe gouf an de Kanalisatiounsprojet „Kierlingen" betrëfft, unzehuelen, sou wéi och de bäigefüügte Plang. Dës Konventioun ersetzt d'Servitudekonventioun vum 4. Juli 2013.

**4.1.B Approbatioun vun de Servitudë Reewaasserachs Kierlingerstrooss**

Den Här René ERNST, Schäffen, huet d'Sëtzung, wéinst engem direkten Interêt an der Affär, virun der Ofstëmmung verlooss am Aklang mam Artikel 20 vum geännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988.

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Servitudekonventioun vun ëffentlechem Notzen, déi den 12. Mäerz 2026 tëscht der Gemeng Duelem an dem Här Johan Fredrik KARLSSON an der Madamm Jaana Maritta KARLSSON HAANPÄÄ ënnerschriwwe gouf an de Kanalisatiounsprojet „Kierlingen" betrëfft, unzehuelen, sou wéi och de bäigefüügte Plang. Dës Konventioun ersetzt d'Servitudekonventioun vum 3. Juli 2013.

**4.2 Geännerte Projet – Ariichte vun engem ofgegrenzte Beräich fir Occasiounsgéigestänn an Installatioun vun engem Reen- a Wandschutzsystem am Ressourcenzenter**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss de geännerte Projet fir d'Ariichte vun engem ofgegrenzte Beräich fir Occasiounsgéigestänn am Ressourcenzenter bei der technescher Hal zu Duelem, unzehuelen, souwéi och d'Installatioun vun engem Reen- a Wandschutzsystem op der Struktur vum besteeënde Virdaach an d'Ariichte vun zousätzleche Parkméiglechkeeten, fir e Gesamtbetrag vun 100.000,00 €.

**4.3 Ariichte vun engem Calisthenics-Park**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss de Projet fir d'Ariichte vun engem Calisthenics-Park nieft dem Fussballsterrain, dem Trainingsterrain, dem Multisport-Terrain an der Petanquepist an der

FR *Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'approuver la convention de servitude d'utilité publique, conclue et signée le 5 février 2026 entre l'Administration communale de Dalheim et Madame Marcelle Berthe LINDEN, Madame Marie Jacqueline LINDEN et Madame Maria ZIGRAND, relative au projet de canalisation au lieu-dit « Kierlingen », y compris le plan annexé, laquelle remplace la convention de servitude du 4 juillet 2013.*

***4.1.B Approbation servitudes axe eau pluviale Kierlingerstrooss***

*Monsieur René ERNST, échevin, a quitté la séance préalablement à la délibération et au vote, conformément à l'article 20 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, en raison d'un intérêt direct dans l'affaire.*

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'approuver la convention de servitude d'utilité publique, conclue et signée le 12 mars 2026 entre l'Administration communale de Dalheim et Monsieur Johan Fredrik KARLSSON et Madame Jaana Maritta KARLSSON HAANPÄÄ, relative au projet de canalisation au lieu-dit « Kierlingen », y compris le plan annexé, laquelle remplace la convention de servitude du 3 juillet 2013.*

***4.2 Projet modifié – Aménagement d'un espace délimité aux objets d'occasion et mise en place d'un système de pare-pluie et de brise-vent au centre de ressources***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'approuver le projet modifié relatif à l'aménagement d'un espace délimité aux objets d'occasion au centre de ressources sis près du hall technique à Dalheim, ainsi qu'à la mise en place d'un système de pare-pluie et de brise-vent sur la structure de l'auvent existant, y compris l'aménagement d'emplacements de stationnement complémentaires, pour un montant total de 100.000,00 €.*

***4.3 Aménagement d'un parc « Calisthenics »***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'approuver le projet relatif à l'aménagement d'un parc « Calisthenics » à proximité du terrain de football, du terrain d'entrainement, du terrain*

LU Kierlingerstrooss zu Duelem, unzehuelen, fir e Gesamtbetrag vun 120.000,00 €.

**5. Akten a Compromisen**

**5.1 Tausch- a Verkafsakt: Sektioun D vu Fëlschdref, Parzellenummer 708/4140 „Trotzeneck" géint d'Parzellenummer 687/4138 „Trotzeneck", Sektioun D vu Fëlschdref**

Den Här Nicolas DICKEN, Conseiller, huet d'Sëtzung, wéinst engem direkten Interêt an der Affär, virun der Ofstëmmung verlooss am Aklang mam Artikel 20 vum geännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988.

De Gemengerot huet mat 7 Stëmme fir an enger Enthalung (Luc MANGEN) beschloss, den Tausch- a Verkafsakt vun de Parzellenummere 708/4140 a 687/4138 „Trotzeneck", Sektioun D vu Fëlschdref, ënnerschriwwen den 11. Februar 2026 (n° 97/2026) virum Maître Patrick SERRES, Nottär zu Réimech, unzehuelen.

**5.2 Regularisatioun vun den Emprisen um Rondpoint Wénkelhiel tëscht dem CR 153 an dem CR 167:**

**5.2.1 Verkafsakt: Sektioun A vu Buchholz, Parzellenummer 422/1141 „In Retzigt"**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, de Verkafsakt mat der Madamm Léonie Marguerite SCHMIT, ënnerschriwwen den 11. Februar 2026 (n° 96/2026) virum Maître Patrick SERRES, Nottär zu Réimech, unzehuelen, fir de Kaf vun der Gemeng Duelem vun der Parzell ageschriwwen am Kadaster Sektioun A vu Buchholz ënnert der Nummer 422/1141 „In Retzigt"**.**

**5.2.2 Verkafsakt: Sektioun A vu Buchholz, Parzellenummere 427/1144 a 428/1145 „In Retzigt"**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, de Verkafsakt mam Här Jean-Paul Roger SCHUMACHER a senger Fra Madamm Martine Marie Ernestine Michèle KNEPPER, ënnerschriwwen den 2. Mäerz 2026 (n° 136/2026) virum Maître Patrick SERRES, Nottär zu Réimech, unzehuelen, fir de Kaf vun der Gemeng Duelem vun de Parzellen

FR *multisport et de la piste de pétanque à Dalheim, Kierlingerstrooss, pour un montant total de 120.000,00 €.*

***5. Actes et compromis***

***5.1 Acte d'échange et de vente : Section D de Filsdorf, parcelle n° 708/4140, lieu-dit « Trotzeneck » contre Section D de Filsdorf, parcelle n° 687/4138, même lieu-dit***

*Monsieur Nicolas DICKEN, conseiller, a quitté la séance préalablement à la délibération et au vote, conformément à l'article 20 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, en raison d'un intérêt direct dans l'affaire.*

*Le conseil communal a décidé avec 7 voix pour et une abstention (Luc MANGEN) d'approuver l'acte d'échange et de vente reçu par Maître Patrick SERRES, notaire de résidence à Remich, en date du 11 février 2026 (n° 97/2026), relatif aux parcelles cadastrées section D de Filsdorf, n° 708/4140 et 687/4138, lieu-dit « Trotzeneck ».*

***5.2 Régularisation des emprises du giratoire « Wénkelhiel » entre le CR 153 et CR 167 :***

***5.2.1 Acte de vente : Section A de Buchholz, parcelle n° 422/1141, lieu-dit « In Retzigt »***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'approuver l'acte de vente reçu par Maître Patrick SERRES, notaire de résidence à Remich, en date du 11 février 2026 (n° 96/2026), conclu avec Madame Léonie Marguerite SCHMIT, portant acquisition par la commune de Dalheim de la parcelle cadastrée section A de Buchholz, n° 422/1141, lieu-dit « In Retzigt ».*

***5.2.2 Acte de vente : Section A de Buchholz, parcelles n° 427/1144 et 428/1145, lieu-dit « In Retzigt »***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'approuver l'acte de vente reçu par Maître Patrick SERRES, notaire de résidence à Remich, en date du 2 mars 2026 (n° 136/2026), conclu avec Monsieur Jean-Paul Roger SCHUMACHER et son épouse Madame Martine Marie Ernestine Michèle KNEPPER, portant acquisition par la commune de*

LU ageschriwwen am Kadaster Sektioun A vu Buchholz ënnert de Nummere 427/1144 a 428/1145 „In Retzigt".

**6. Kierfechtskonzessioun CO25**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, déi genannte Kierfechtskonzessioun unzehuelen an de Receveur ze mandatéiere fir déi entspriechend Gemengentaxe, déi op ee vun de Konte vun der Recette ze bezuelen ass, ze kasséieren.

**7. Virkafsrecht**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Virkafsrecht op der Parzell geleeën zu Fëlschdref, ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Duelem, Sektioun D vu Fëlschdref, ënnert der Nummer 511/4082, „Am laange Gaart", iwwer 5,08 Ar, net auszeüben.

**8. Demissioun vun engem Kommissiounsmember**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Demissioune vun der Madamm Romaine SCHMIT a vum Här Ruan SENEKAL als Membere vun der Kommissioun vun der Egalitéit a vum interkulturellen Zesummeliewen, unzehuelen.

**9. „Titres de recettes"**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'„titres de recettes" fir ee Gesamtbetrag vun 11.244.762,45 €, unzehuelen.

**10. Konventiounen a Kontrakter**

**10.1 Club Aktiv Plus „Club Syrdall"**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, déi uewe genannte Konventioun unzehuelen an de Schäfferot ze beoptrage fir se ze ënnerschreiwen.

**10.2 Avis betreffend d'„Directive Cadre sur l'Eau (DCE)" — 4. Cycle (2027 - 2033)**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Offer vum Büro Schroeder & Associés S.A. betreffend der technescher Ënnerstëtzung fir d'Ausschaffe vum Avis vun der Gemeng am Kader vun der

FR *Dalheim des parcelles cadastrées section A de Buchholz, n° 427/1144 et 428/1145, lieu-dit « In Retzigt ».*

***6. Concession cimetière CO25***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'accepter le contrat de concession précité et de mandater le receveur d'encaisser la taxe communale y relative payable sur un des comptes de la recette communale.*

***7. Droit de préemption***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité de ne pas exercer le droit de préemption sur la parcelle sise à Filsdorf, inscrite au Cadastre de la Commune de Dalheim section D de Filsdorf sous le numéro 511/4082, lieu-dit « Am laange Gaart », d'une contenance de 5,08 ares.*

***8. Démission d'un membre d'une commission***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'accepter les démissions de Madame Romaine SCHMIT et de Monsieur Ruan SENEKAL comme membres de la Commission de l'égalité et du vivre-ensemble interculturel.*

***9. Titres de recettes***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'approuver les titres de recettes pour un montant total de 11.244.762,45 €.*

***10. Conventions et contrats***

***10.1 Club Aktiv Plus « Club Syrdall »***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'approuver la convention précitée et de charger le collège échevinal de la signer.*

***10.2 Avis relatif à la Directive Cadre sur l'Eau (DCE) — 4e cycle (2027 - 2033)***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'approuver l'offre de services du bureau Schroeder & Associés S.A. relative à l'assistance technique pour l'élaboration de l'avis de la commune dans le cadre de l'actualisation du plan de gestion au*

LU Aktualiséierung vum Gestiounsplang an Zesummenhang mat der „directive-cadre sur l'eau" fir de 4. Cycle (2027 - 2033), unzehuelen an de Schäfferot ze beoptrage fir déi entspriechend Dokumenter ze ënnerschreiwen.

**11. Bestätege vu Verkéiersreglementer**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, duerch eng global Ofstëmmung, follgend zäitweileg Verkéiersreglementer ze bestätegen:

- dat zäitweilegt Verkéiersreglement um Parking virun der Duelemer Gemeng, um amenagéierte Parking nieft der Gemengeplaz mat Zougang vun der Kettegaass vis-a-vis vum Gebai op der Nummer 12 Kettegaass zu Duelem, um amenagéierte Parking nieft der Gemengeplaz mat Zougang vun der Krautemergaass vis-a-vis vum Gebai op der Nummer 5 Krautemergaass zu Duelem, an um amenagéierte Parking op der Kräizung vun der Kettegaass, Waldbriedemeserstrooss a Krautemergaass zu Duelem, sou wéi et geholl ginn ass de 24. Mäerz 2026;
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement Op der Louerei an am Heedscheierwee zu Duelem, sou wéi et geholl ginn ass de 26. Februar 2026.

**Sëtzung ënner Ausschloss vun der Ëffentlechkeet**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Demissioun aus perséinleche Grënn vun engem Beamte mat Wierkung op den 1. Mee 2026, unzehuelen.

FR *titre de la directive-cadre sur l'eau pour le 4e cycle (2027 - 2033) et de charger le collège échevinal de signer les documents afférents.*

***11. Confirmation de règlements de circulation***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité par un vote en bloc de confirmer les règlements de circulation à caractère temporaire suivants :*

- *le règlement de circulation à caractère temporaire sur le parking devant la Mairie de Dalheim, sur le parking aménagé adjacent à la « Gemengeplaz » avec accès à partir de la rue « Kettegaass » vis-à-vis de l'immeuble sis 12, « Kettegaass » à Dalheim, sur le parking aménagé adjacent à la « Gemengeplaz » avec accès à partir de la rue « Krautemergaass » vis-à-vis de l'immeuble sis 5, « Krautemergaass » à Dalheim et sur le parking aménagé à la bifurcation des rues « Kettegaass », « Waldbriedemeserstrooss » et « Krautemergaass » à Dalheim, tel qu'il a été pris en date du 24 mars 2026 ;*
- *le règlement de circulation à caractère temporaire dans les rues « Op der Louerei » et « Heedscheierwee » à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 26 février 2026.*

***En séance à huis clos***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'accorder la démission de ses fonctions pour raisons de convenance personnelle, avec effet au 1er mai 2026, à un fonctionnaire communal.*

### Séance publique du 8 mai 2026

# Ëffentlech Sëtzung vum 8. Mee 2026

**Ëffentlech Bekanntmaachung / *Annonce publique :***
29. Abrëll 2026 / *29 avril 2026*

**Convocatioun / *Convocation :***
29. Abrëll 2026 / *29 avril 2026*

**Present / *Présents :***
Romain Kill, bourgmestre
René Ernst, échevin
Peggy Olinger, échevine
Sonja Barthel, conseillère
Nicolas Dicken, conseiller
Francine Ernster, conseillère
Luc Mangen, conseiller
Tamara Mangerich, secrétaire communale f.f.

**Beamten / *Fonctionnaires :***
Romaine Rassel
Markus Neukirsch

**Entschëllegt / *Excusés :***
Tracy Bloomer, conseillère (votant par procuration, mandataire Francine Ernster)
Romain Dicken, conseiller (votant par procuration, mandataire Romain Kill)

LU **Ëffentlech Sëtzung:**

**1. Informatiounen un de Gemengerot**

Den Här Buergermeeschter Romain KILL huet d'Participante begréisst an huet e Bilan vun de Reuniounen a Manifestatioune gezunn, déi zanter der leschter Sëtzung vum Gemengerot stattfonnt hunn:

- 25. Mäerz 2026: Generalversammlung vun der B.I.R.K. (Beschäftegungs Initiativ Réimecher Kanton) ASBL;
- 27. Mäerz 2026: Reunioun vum Schäfferot mam Här Marco SUMAN vun der Direktioun vum Enseignement fondamental Sektioun Osten iwwert den zukünftege System vun der Schoulorganisatioun;
- 9. Abrëll 2026: Visitt vum Kulturminister Eric THILL zu Duelem op Invitatioun vum Direkter vun der INRA;
- 14. Abrëll 2026: Mëttegiesse vum Schäfferot an der Maison relais „An de Wolleken" mat Virstellung vum Kannercomité (KiKo);
- 14. Abrëll 2026: Entrevue vum Här Buergermeeschter mat der Famill RASSEL iwwert en Ëmweltprojet bei de Weieren zu Duelem. An dësem Kontext wäert de SIAS eng Konventioun virbereeden déi dem Gemengerot uschléissend virgeluecht gëtt;
- 15. Abrëll 2026: Reunioun mat de Gemenge Bous/Waldbriedemes a Lenneng zum Thema Konventioun am Kader vun der Ustellung vun

FR ***En séance publique :***

***1. Informations au conseil communal***

*Monsieur le bourgmestre Romain KILL a souhaité la bienvenue aux participants et a dressé un bilan des réunions et manifestations qui se sont déroulées depuis la dernière séance du conseil communal :*

- *25 mars 2026 : assemblée générale de l'association B.I.R.K. (« Beschäftegungs Initiativ Réimecher Kanton ») ASBL ;*
- *27 mars 2026 : réunion du collège échevinal et M. Marco SUMAN de la direction de l'enseignement fondamental région Est portant sur le futur système de l'organisation scolaire ;*
- *9 avril 2026 : visite du ministre de la culture Eric THILL à Dalheim sur invitation du directeur de l'INRA ;*
- *14 avril 2026 : repas de midi du collège échevinal à la maison relais « An de Wolleken » avec présentation du comité d'enfants (KiKo) ;*
- *14 avril 2026 : entrevue de Monsieur le bourgmestre avec la famille RASSEL au sujet d'un projet environnemental du SIAS aux étangs à Dalheim. Dans ce contexte le SIAS préparera une convention qui sera présentée ultérieurement au conseil communal ;*
- *15 avril 2026 : réunion avec les communes de Bous/Waldbredimus et de Lenningen au sujet de la convention à établir dans le cadre de l'engagement d'un agent de proximité ;*

LU

engem „Agent de proximité";

- 16. Abréll 2026: Plattform Jugendhaus mam Ministère;
- 19. Abréll 2026: informative Spadséiergang duerch de Bësch mam Fierschter Tom ENGEL, organiséiert vun der Kommissioun fir Mobilitéit, Gemengeweeër, Sécherheet a Präventioun;
- 21. Abréll 2026: Pressekonferenz iwwert den i3 Festival vum 9. Mee 2026 am Dräilännereck;
- 22. Abréll 2026: Visiokonferenz mat der Stad Mequon am Wisconsin (USA) iwwert eng zukünfteg Zesummenaarbecht (et handelt sech heibäi net ëm e Jumelage an och net ëm eng politesch Zesummenaarbecht). Detailer vun dëser Zesummenaarbecht gi spéiderhi matgedeelt;
- 23. Abréll 2026: Fest vun de 25 Joer B.I.R.K. ASBL zu Schengen;
- 25. Abréll 2026: Holzstee zu Duelem;
- 26. Abréll 2026: Tréppeltour am Fréijoer organiséiert vun der Jugend- a Sportskommissioun;
- 27. Abréll 2026: Generalversammlung vun de Ricciacus Frënn;
- 28. Abréll 2026: Auslousung vun de Studenten déi an der Summervakanz op der Gemeng schaffen;
- 29. Abréll 2026: Workshop mat de Bierger am Kader vum Projet „Méi Natur an eise Stied", wou den Amenagement vun zwou ëffentleche Plazen zu Fëlschdref am Fokus stoung;
- 1. Mee 2026: 60 Joer Vinsmoselle zu Rëmerschen;
- 2. an 3. Mee 2026: Duelemer Konschtmaart, dee ganz vill Erfolleg hat;
- 4. Mee 2026: Reunioun zum Thema Pachtverträg a Feldweeër.

**2. Projeten**

**2.1 Bankomat**

**2.1.1 Approbatioun vun der Konventioun**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, de Lokatiounskontrakt tëscht der Gemeng an der Firma LuxConstellation S.A., fir déi gratis Bereetstellung vun engem Gemengesite fir d'Installatioun an de Betrib vun engem Bankomat, unzehuelen.

**2.1.2 Approbatioun vum Projet**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, de Projet fir d'Installatioun vun engem Bankomat op engem Gemengesite, am Aklang mat de Pläng, der

FR

- *16 avril 2026 : plateforme de la maison des jeunes en présence du ministère ;*
- *19 avril 2026 : promenade informative à travers la forêt avec le garde forestier Tom ENGEL, organisée par la commission de la mobilité, des chemins communaux, de la sécurité et de la prévention ;*
- *21 avril 2026 : conférence de presse sur le festival i3 ayant lieu le 9 mai 2026 au site des 3 frontières ;*
- *22 avril 2026 : visioconférence avec la ville de Mequon au Wisconsin (Etats-Unis) sur une future collaboration (il ne s'agit pas d'un jumelage, ni d'une coopération politique). Les détails de cette collaboration suivront ultérieurement ;*
- *23 avril 2026 : fête des 25 ans de l'association B.I.R.K. ASBL à Schengen ;*
- *25 avril 2026 : vente aux enchères du bois de chauffage à Dalheim ;*
- *26 avril 2026 : randonnée de printemps organisée par la commission de la jeunesse et des sports ;*
- *27 avril 2026 : assemblée générale « Ricciacus Frënn » ;*
- *28 avril 2026 : tirage au sort des étudiants travaillant pour la commune lors des vacances d'été ;*
- *29 avril 2026 : workshop avec les citoyens dans le cadre du projet « Méi Natur an eise Stied » portant sur l'aménagement de deux espaces publics à Filsdorf ;*
- *1er mai 2026 : 60 ans Vinsmoselle à Remerschen ;*
- *2 et 3 mai 2026 : marché de l'artisanat à Dalheim ayant fait preuve d'un grand succès ;*
- *4 mai 2026 : réunion sur le thème des contrats de fermage et des chemins de campagne.*

***2. Projets***

***2.1 Mise en place d'un bancomat***

***2.1.1 Approbation de la convention***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'approuver le contrat de location à conclure entre la commune et la société LuxConstellation S.A., portant sur la mise à disposition gratuite d'un site communal en vue de l'installation et de l'exploitation communal en vue de l'installation et de l'exploitation d'un guichet automatique bancaire.*

LU Beschreiwung an dem geschaten Devis fir d'Aarbechten, fir e Gesamtbetrag vun ca. 70.000,00 € TTC, unzehuelen.

**2.2 Interreg Memoria Romana – Immersive Parcours**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss:

- d'Virkonzept „Via Ricciacum – Römische Meile Dalheim", ausgeschafft vun der Firma Novetus GmbH, unzehuelen;
- der Firma Novetus GmbH d'Begleedungsmissioun fir déi detailléiert Entwécklungsphase vum Projet, sou wéi an der Offer vum 21. Abrëll 2026 beschriwwen, zouzedeelen;
- de Schäfferot z'autoriséiere fir déi Dokumenter ze ënnerschreiwen déi fir d'Ausféiere vun dëser Deliberatioun néideg sinn.

**3. Konventiounen a Kontrakter**

**3.1 Konventioun vum gemeinsamen Office social Munneref – Duelem 2026**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, déi de 16. Januar 2026 ënnerschriwwe Konventioun tëscht dem Staat, de Gemenge Munneref an Duelem, an dem gemeinsamen Office social Munneref-Duelem, an Zesummenhang mat der Organisatioun an dem Finanzement vun den Aktivitéite vum Office social fir d'Joer 2026, unzehuelen.

**4. Akten a Compromisen**

**4.1 Verkafscompromis: Sektioun B vun Duelem, „Schleemillen"**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss de Verkafscompromis fir d'Parzellenummer 1486/4764, Sektioun B vun Duelem, „Schleemillen", ënnerschriwwen de 17. Abrëll 2026 mam Här Marco DECKER, unzehuelen.

**4.2 Tausch- a Verkafscompromis: Emprise Fëlschdref, „Gässel"**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss:

- d'Parzellenummer 811/4185 aus dem ëffentleche Gemengebesëtz erauszehuele fir se an de private Gemengebesëtz anzefügen;
- den Tausch- a Verkafscompromis fir d'Parzellenummeren 811/4184 an 811/4185, Sektioun D vu

FR ***2.1.2 Approbation du projet d'exécution***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'approuver l'exécution du projet d'installation d'un guichet automatique bancaire (GAB) sur un site communal, conformément aux plans d'implantation, au mémoire explicatif et au devis estimatif des travaux annexés, pour un montant total estimé à 70.000,00 € TTC.*

***2.2 Interreg Memoria Romana - parcours immersif***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité :*

- *d'approuver le préconcept « Via Ricciacum – Römische Meile Dalheim » élaboré par la société Novetus GmbH ;*
- *d'attribuer à la société Novetus GmbH la mission d'accompagnement pour la phase de développement détaillé du projet, conformément à son offre du 21 avril 2026 ;*
- *d'autoriser le collège des bourgmestre et échevins à signer tous les documents nécessaires à l'exécution de la présente décision.*

***3. Conventions et contrats***

***3.1 Convention office social commun Mondorf-les-Bains – Dalheim 2026***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'approuver la convention signée en date du 16 janvier 2026 entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg, les Communes de Mondorf-les-Bains et Dalheim, et l'Office social commun Mondorf-les-Bains-Dalheim, relative à l'organisation et au financement des activités de l'Office social pour l'année 2026.*

***4. Actes et compromis***

***4.1 Compromis de vente : section B de Dalheim, lieu-dit « Schleemillen »***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'approuver le compromis de vente signé en date du 17 avril 2026 avec Monsieur Marco DECKER pour l'acquisition de la parcelle cadastrale numéro 1486/4764, section B de Dalheim, lieu-dit « Schleemillen ».*

***4.2 Compromis d'échange et de vente : emprise Filsdorf, lieu-dit « Gässel »***

LU

Fëlschdref, „Gässel", ënnerschriwwen den 28. Abrëll 2026 mam Här Steve HECK an der Madamm Nathalie MERSCH, unzehuelen.

**5. Festleeë vun engem Entreestariff fir Gemengenevenementer**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Taxereglement fir d'Akasséiere vun Entreesgelder bei Gemengenevenementer, unzehuelen.

**6. Nominatioun vun zwee Delegéierten am Comité de Pilotage vum Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewe vum Kanton Réimech**

D'Madamm Sonja BARTHEL, Conseillère, huet d'Sëtzung, wéinst engem direkten Interêt an der Affär, virun der Ofstëmmung verlooss am Aklang mam Artikel 20 vum geännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988.

De Gemengerot huet mat 6 Stëmme beschloss, d'Madamm Sonja BARTHEL an d'Madamm Anabela DOS SANTOS als delegéiert Memberen déi d'Gemeng Duelem am Comité de Pilotage vum Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewe vertrieden, ze ernennen.

**7. Nominatioun vun engem Delegéierte vun der Gemeng fir eng Vertriedung an der B.I.R.K. ASBL**

Den Här Luc MANGEN, Conseiller, huet d'Sëtzung, wéinst engem direkten Interêt an der Affär, virun der Ofstëmmung verlooss am Aklang mam Artikel 20 vum geännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988.

De Gemengerot huet mat 6 Stëmme beschloss, den Här Luc MANGEN als Delegéierte vun der Duelemer Gemeng an der B.I.R.K. ASBL, ze ernennen, als Ersatz fir den Här Nicolas DICKEN.

**8. Budgetsännerung**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss:

- de Kredit um Budgetsartikel 3/542/648120/99002 – „Dépenses diverses (campagne d'économie d'énergie dans les communes – subventionnement aux particuliers, y compris Prime EcoDalh)" vun 30.000 € op 80.000 € ze erhéijen, deemno en zousätzleche Kredit vu 50.000 €;

FR

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité :*

- *de déclasser du domaine public communal la parcelle numéro 811/4185 d'une contenance de 0,01 are pour l'intégrer dans le domaine privé communal ;*
- *d'approuver le compromis d'échange et de vente signé en date du 28 avril 2026 avec Monsieur Steve HECK et Madame Nathalie MERSCH pour l'échange des parcelles numéros 811/4184 et 811/4185, section D de Filsdorf, lieu-dit « Gässel ».*

***5. Fixation d'un tarif d'entrée pour les événements organisés par la commune***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'approuver le règlement-taxe relatif à la perception de droits d'entrée lors d'événements organisés par la commune.*

***6. Désignation de deux délégués auprès du comité de pilotage du canton de Remich au Pacte communal du vivre-ensemble interculturel***

*Madame Sonja BARTHEL, conseillère, a quitté la séance préalablement à la délibération et au vote, conformément à l'article 20 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, en raison d'un intérêt direct dans l'affaire.*

*Le conseil communal a décidé avec 6 voix de nommer Madame Sonja BARTHEL et Madame Anabela DOS SANTOS, comme membres délégués représentant la commune de Dalheim au sein du comité de pilotage du Pacte communal du vivre-ensemble.*

***7. Nomination d'un délégué de la commune pour représentation au sein de l'association B.I.R.K ASBL***

*Monsieur Luc MANGEN, conseiller, a quitté la séance préalablement à la délibération et au vote, conformément à l'article 20 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, en raison d'un intérêt direct dans l'affaire.*

*Le conseil communal a décidé avec 6 voix de nommer Monsieur Luc MANGEN en tant que délégué représentant la commune de Dalheim au sein de l'association sans but lucratif B.I.R.K. a.s.b.l., en remplacement de Monsieur Nicolas DICKEN.*

LU

- dës Erhéijung duerch eng Reduzéierung vum Boni vum aktuelle Joer ze decken, an zwar 769.617,47 – 50.000 = 719.617,47.

**9. Dekonten**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, de finalen Dekont vun den Aarbechten am Kader vun der Äschestreewiss um Duelemer Kierfecht, unzehuelen.

**10. „Titres de recettes“**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'„titres de recettes“ fir ee Gesamtbetrag vun 160.401,14 €, unzehuelen.

**11. Bestätege vu Verkéiersreglementer**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, duerch eng global Ofstëmmung, follgend zäitweileg Verkéiersreglementer ze bestätegen:

- dat zäitweilegt Verkéiersreglement Op der Louerei an am Heedscheierwee zu Duelem, sou wéi et geholl ginn ass de 5. Mee 2026;
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement an der Baachhiel zu Duelem, sou wéi et geholl ginn ass den 21. Abréll 2026;
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement Om Bombaasch zu Duelem, sou wéi et geholl ginn ass den 21. Abréll 2026.

FR

***8. Modification budgétaire***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité :*

- *d'augmenter le crédit budgétaire inscrit à l'article 3/542/648120/99002 – Dépenses diverses (campagne d'économie d'énergie dans les communes – subventionnement aux particuliers, y compris Prime EcoDalh) de 30.000 € à 80.000 €, soit un crédit supplémentaire de 50.000 € ;*
- *de couvrir cette augmentation par une diminution du boni de l'exercice en cours, à savoir 769.617,47 – 50.000 = 719.617,47.*

***9. Décomptes***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'approuver le décompte final des travaux relatif à l'aménagement « jardin du souvenir » au cimetière de Dalheim.*

***10. Titres de recettes***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'approuver les titres de recette pour un montant total de 160.401,14 €.*

***11. Confirmation de règlements de circulation***

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité par un vote en bloc de confirmer les règlements de circulation à caractère temporaire suivants :*

- *le règlement de circulation à caractère temporaire dans les rues « Op der Louerei » et « Heedscheierwee » à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 5 mai 2026 ;*
- *le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue « Baachhiel » à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 21 avril 2026 ;*
- *le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue « Om Bombaasch » à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 21 avril 2026.*

*Séance publique du 12 juin 2026*

# Ëffentlech Sëtzung vum 12. Juni 2026

**Ëffentlech Bekanntmaachung / *Annonce publique :***
4. Juni 2026 / *4 juin 2026*

**Convocatioun / *Convocation :***
4. Juni 2026 / *4 juin 2026*

**Present / *Présents :***
Romain Kill, bourgmestre
René Ernst, échevin
Peggy Olinger, échevine
Sonja Barthel, conseillère
Tracy Bloomer, conseillère
Nicolas Dicken, conseiller
Romain Dicken, conseiller
Francine Ernster, conseillère
Luc Mangen, conseiller
Tamara Mangerich, secrétaire communale f.f.

**Beamten / *Fonctionnaires :***
Romaine Rassel

**Entschëllegt / *Excusés :***
/

LU **Ëffentlech Sëtzung:**

**1. Informatiounen un de Gemengerot**

Den Här Buergermeeschter Romain KILL huet déi fënneft Sëtzung vum Joer 2026 opgemaach an huet e Bilan vun de Reuniounen a Manifestatiounen gezunn, déi zanter der leschter Sëtzung vum Gemengerot stattfonnt hunn:

- 9. Mee 2026: Ouverture vum grenziwwerschreidende Festival i3 mat Inauguratioun vun engem Stroossechëld;
- 12. Mee 2026: Reunioun vun de Schäfferéit vum Kanton Réimech;
- 16. Mee 2026: traditionellt Nopeschfest zu Munneref;
- 17. Mee 2026: Klima- a Biodiversitéitsdag zu Rued-Sir;
- 19. Mee 2026: Informatiounsversammlung zur Präventioun géint den Abroch, organiséiert vun der Kommissioun fir Mobilitéit, Gemengeweeër, Sécherheet a Präventioun an Zesummenaarbecht mat der Police;
- 20. Mee 2026: Inauguratioun vum Beienhaus zu Munneref (Projet dee vun der Duelemer Gemeng subventionéiert gouf);
- 21. Mee 2026: Buergermeeschterdag zu Munneref;
- 22. Mee 2026: Aweiung vun der Äschestreewiss um Duelemer Kierfecht;
- 28. Mee 2026: Präventiounscomité mat der Direktioun vun der Police;
- 29. Mee 2026: Generalversammlung vum Centre Européen Schengen (Musée Schengen);

FR ***En séance publique :***

***1. Informations au conseil communal***

*Monsieur le bourgmestre Romain KILL a ouvert la cinquième séance de l'année 2026 en dressant un bilan des réunions et manifestations qui se sont déroulées depuis la dernière séance du conseil communal :*

- *9 mai 2026 : ouverture du festival transfrontalier i3 à Apach avec inauguration d'un panneau de signalisation ;*
- *12 mai 2026 : réunion des collèges échevinaux du canton de Remich ;*
- *16 mai 2026 : traditionnelle fête des voisins à Mondorf-les-Bains ;*
- *17 mai 2026 : journée du climat et de la biodiversité à Roodt-sur-Syre ;*
- *19 mai 2026 : réunion d'information sur la prévention contre les cambriolages organisée par la commission de la mobilité, des chemins communaux, de la sécurité et de la prévention en collaboration avec la police ;*
- *20 mai 2026 : inauguration de la maison écologique pour abeilles à Mondorf-les-Bains (projet subventionné par la commune de Dalheim) ;*
- *21 mai 2026 : journée des bourgmestres à Mondorf-les-Bains ;*
- *22 mai 2026 : inauguration de la pelouse de dispersion des cendres au cimetière de Dalheim ;*
- *28 mai 2026 : comité de prévention avec la Direction de la police ;*

LU

- 2. Juni 2026: Reunioun mat Vertrieder vun Hëllef Doheem;
- 2. Juni 2026: Entrevue mam CIS Duelem;
- 5. Juni 2026: Aweiung vun der neier Hal zu Welfreng vum landwirtschaftleche Lokalveräin Welfreng-Fëlschdref;
- 5. Juni 2026: Kannerfest organiséiert vun der Maison relais an der Schoul;
- 5. Juni 2026: 10 Joer Biodiversum zu Remerschen;
- 6. Juni 2026: Aweiung vum Foodtruck-Festival zu Weiler-la-Tour;
